

THEATER - MUSEK - DANZ - KANNER - JUGEND - AUSSTELLUNG - DIALOG



CARISMA MAGASINN

HIERSCHT-WANTER 2025

MIERSCHER
THEATER

Pierre Nimax sen.

Ausstellung

28. Juni 25
– 17. Januar
2026


Zwischen
Tasten und
Taktstock



expo.bnl.lu

SOM MAI RE

EDITORIAL	03
À LA RECHERCHE DU THÉÂTRE PERDU ?	04
ROBERT LOUIS STEVENSON	08
UNE VOIX POUR TOUS	14
MADDY DURRER	18
MARC THEIN	24
LAGER 103	28
HOPP MARJÄNN	32
ANOUK SCHILTZ	36
UN LABYRINTHE SANS FIL D'ARIANE	38
250 JAHRE E.T.A. HOFFMANN	45
COUPS DE CŒUR	47
KALENNER	49
KONTAKT	52



ZESUMME GEET ET BESSER!

Déi Lëtzebuerger Theater- a Musekszeen ass eenzegaarteg: Kulturinteresséiert fannen op enkem Raum eng extrem grouss a villsäiteg Offer, déi et an där intensiver Form néierens anescht gëtt! Dat geet vu populäre Spektakelen a Concerten a Veräinssäll queesch iwwer Land bis zu professionelle Manifestatiounen an établierte Concertssäll, Kulturhaiser an Theateren! Wee wëll, fënnt wat e sicht a brauch dacks net wäit ze fueren. Donieft probéiert de Kulturministère mam Aktiounsplang „Accès à la culture“ sozial, geographesch, physesch oder symbolesch Barrièren aus dem Wee ze raumen.

Wat déi lescht 30 Joer an der nationaler Kulturwelt „wëll gewuess“ war, fënnt méi a méi seng fest Strukturen. Déi verschidde Sparten si gutt ënnerenee vernetzt an hunn sech a Federatiounen zesumme gedoe fir méi efficace ze funktionéieren. Et mécht Sënn fir konstruktiv zesummen ze schaffen, nohalteg ze produzéieren a wäitsiichteg ze programméieren. E Modell fir d’Zukunft matt Sputt no uewen.

An deem Sënn probéiert de Mierscher Theater säit Längerem säi Programm mat nationale Koproduktiounen, Collaboratiounen a Partnerschaften ze verdéiwen an auszebauen. An dësem drëtte CARISMA Magasin fannt dir zwee Beispiller aus der leschter Saison, déi dës Approche dokumentéieren. Déi 3. Mierscher Theaterdeeg waren eng intensiv Zesummenaarbecht mam Nationale Literaturarchiv an dem Lycée Ermesinde an déi éischt Audiodeskriptioun fir Theater op Lëtzebuergesch konnt Dank der Expertise vun der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung bei eis am Theater realiséiert ginn. Méi doriwwer liest dir an den Artikelen vum Alain Herman a Jerry Klein.

Och dës Saison kënne mir nees op zuverlässeseg Frënn zielen. Et ass eng besonnesch Freed, de Kaleidoskop Theater fir déi spannend Koproduktioun *Die Panne* vum Friedrich Dürrenmatt, eng éischte Kéier zu Miersch wëllkomm ze heeschen. Nieft enger exklusiv männlecher Besetzung steet och d’Actrice Mady Durrer am Stéck op der Bün. Am Interview mat hir kucke mir op d’Uropféierung vum éischte Lëtzebuerger Musical *Hopp Marjänn* vu viru 45 Joer zeréck, wou si an der Titelroll gespillt, gedantz a gesongen huet. Fir iech op den zeenesche Concert Ufank Dezember anzestëmmen, analyséiert de Sascha Dahm d’Wierk a säin Auteur. Fir dës musikalesch Opféierung stinn eis d’Militärmusek an d’Nationalbibliothék zur Säit.

Et ass eng Éier de Stater Conservatoire mat direkt e puer Owenter am Mierscher Theater ze begrëssen. Nieft Soiréeën mat Chant Choral an dem *New Year’s Concert* vun EVL & Friends schaffe mir intensiv zesumme beim Poème-Opéra *Le siècle de Lucia*, eng Kompositioun vum Marizio Spiridigliozi op e Libretto vum Jean Portante. Eng artistesch Collaboratioun bei där all Partner säi Kënne bäisteiert, an déi sécher zu den Héichpunkte vun der Saison 25/26 wäert zielen. Déi aussergewöhnlech Geschicht „...qui retrace cent ans – ou presque – de solitudes et d’illusions perdues, de secrets enfouis et de blessures cicatrisées“ gëtt vun der Corina Ciocârlie an dësem Magazinn a säi literaresche Kontext gesat.

War déi vergaange Saison de Jugendtheater e Schwéierpunkt, sou steet déi engleschsproocheg Jugendliteratur déi nächst Saison am Fokus mat enger Ausstellung ronderëm den 175. Anniversaire vum schottesche Schrëftsteller Robert Louis Stevenson. Nieft dem passende Kaderprogramm mat Konferenzen zu Liewen a Wierk hu mir ë.a. Jugendstécker vu R.L. Stevenson, J.M. Barrie a L. Carroll fir eis jonk Zuschauer programméiert.

Mam Luuchtekönschtler Marc Thein an der Bünebildnerin Anouk Schiltz portraitéiere mir artistesch Beruffer ouni deenen hiren Asaz, hiert Talent a Kënnen keng Kreatioun ka realiséiert ginn. D’Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch zesumme mat de Guiden a Scoute vum Grupp Saint Michel dokumentéieren an engem Baitrag de Making of vun hirem neiste Film *Lager 103* ronderëm dat tragescht Schicksal vun der Famill Arend.

Et gëtt deemno vill z’entdecken am Mierscher Theater a mir sinn houfreg iech mat dëser neier Editioun vum CARISMA Hierscht-Wanter am Viraus op déi ënnerschiddlech Soiréeën anzestëmmen. Mir freeën eis iwwer är Commentairen zu den Artikelen, äre Feedback zu de Virstellungen oder är Virschléi zum Programm am allgemengen. Zéckt net a loosst eis wësse wat iech inspiréiert a wat mir sollen anescht maachen. Zesumme geet et besser!

Claude Mangen, Direkter
Zesumme mat der Ekip an dem Verwaltungsrot.



Foto: Véronique Kolber

Hanna Völkening, Mia Steffen, Felix Adams (vlnr). Diskussions: Talentschmëtt Schoul- a Jugendtheater, 18.05.25

À LA RECHERCHE DU THÉÂTRE PERDU?

Theaterliteratur, 18.05.25

Alain Herman, Fotos: Ben Wagner

EIN BLICK AUF DAS DISKURSIVE RAHMENPROGRAMM DER 3. MIERSCHER THEATERDEEG

Raoul Biltgen. Ouverture, 13.05.25

Eine in der bisherigen luxemburgischen Theatergeschichte ungleich originelle Veranstaltungsreihe ging zum dritten Mal - ja, wo sonst - über die Bühne. Die Rede ist von den als Biennale konzipierten *Mierscher Theaterdeeg*, bei denen nicht nur Stücke mit thematischem Aufhänger gezeigt werden, sondern dem Austausch über das Wesen und die Perspektiven der Bühnenkunst sowie der dramatischen Literatur eine besondere Rolle eingeräumt wird - Rundtischgespräche, Lesungen, der direkte Dialog mit Autoren, Regisseuren oder Schauspielern und nicht zuletzt die sich zu einer Tradition der ästhetik-theoretischen Standortbestimmung, aber auch des praxisbezogenen Ausblicks etablierten Rede vom Theater erlauben dem Publikum einen Einblick in die Entwicklung des Theaters und in den Schaffensprozess der diversen „créateurs“.

Bei der dritten Ausgabe stand das Jugendtheater im Mittelpunkt. Über theaterästhetische Ansprüche, Bedürfnisse und Erfordernisse junger Menschen sollte nicht nur debattiert werden - sie kamen selbst zu Wort, als Künstler auf der Bühne wie auch als Rezipienten im Publikum. Diskutiert wurde, woran sich überzeugendes Theater für ein junges Publikum messen lässt und wie Nachwuchskünstler sich in der Theaterlandschaft behaupten.

Das diskursiv-theoretische Rahmenprogramm wurde maßgeblich von Gastdramatiker Raoul Biltgen geprägt, zweimal rückte er in den Fokus: einmal anlässlich der Ouvertüre, bei der er die Rede vom Theater hielt, und das zweite Mal zusammen mit Olivier Garofalo, Tullio Forgiarini und Jan Jaroszek bei der Finissage, d.h. dem von Henning Marmulla moderierten Podiumsgespräch. Zentrale Causa: Was ist Jugendtheater und wie kann es gelingen?

Gutes Theater kennt keine Altersbeschränkung - auch keine pädagogische Agenda?

Über das Theater für junges Publikum, gelbe Latzhosen, grüne Hüte und rote Ukulelen sowie den sich selbst im Weg zur Kunst stehenden Künstler - so lautet der Titel von Raoul Biltgens essayistischer Ansprache. Biltgens Rede, bewusst in lockerem, ironisch-sarkastischem Sprechgestus verfasst, offenbart sich als dramatischer Einakter: einer monologischen Innenschau über sein Verhältnis zum Kinder- und Jugendtheater sowie dessen Bedeutung in der volatilen Kulturindustrie. Biltgen oszilliert zwischen kritischer Nabelschau über sein Dasein als Schauspieler und Dramatiker sowie einer Analyse der im Kinder- und Jugendtheater weiterhin bestehenden - bürgerlichen - Konventionen. Hier darf der mahnende Zeigefinger gegenüber der Erwachsenenwelt sowie gegenüber faulen oder übereifrigen Pädagogen, den „Erbfeinden des Künstlers“ (Peter Hacks), die den Theaterbesuch entweder als „Freistunde“ nutzen und „herumlümmeln[d]“ oder durch strenge „Pscht“-Laute die Reaktionen der Schüler zu unterbinden versuchen, nicht fehlen.

Biltgen lehnt ein überpädagogisches Theater ab, da es die Heranwachsenden nicht ernst nimmt und ihnen ein verschultes Theaterbild vermittelt. Überhaupt läuft ihm die Isolierung der Bühnenkunst von der Welt und die Parzellierung der Texte in Kinder-, Jugend- und Erwachsenenstücke, so als müsste man Kunst in Referenzrahmen pressen, völlig zuwider. Biltgen hat Recht – derartiges Theater ist eine Verhohnepipelung der Ansprüche eines Publikums, das sich in derselben von sozialen, ökonomischen und ideologischen Widersprüchen geprägten Gesellschaft zurechtfinden muss wie Erwachsene. Auf diese Weise wird Kinder- und Jugendtheater schnell zu einer Art Tingeltangel degradiert, aber das „bloß Theatralische nämlich macht kein Theater“ (Hacks). Junge Zuschauer sollten ästhetisch nicht eingefriedet werden, ihrer Aufnahmefähigkeit ist mehr zuzutrauen – das Drama erweist sich als die bessere Unterhaltung. Dazu Biltgen: „Meine Haltung ist klar: ich gebe lediglich die Empfehlung einer Altersbegrenzung nach unten ab, nie nach oben.“ Mit Peter Hacks könnte man hinzufügen, dass ein junges Publikum sprachlichen Experimenten, auch komplexeren, ausgesetzt werden kann: „Es hat einen ungeheuren Sinn für (...) sprachlichen Witz, und es würdigt das Geistreiche mit weniger Mühe als die Alten, die davon nur die spärlichen Reste behalten haben, welche man in Bett und Firma benötigt.“

Biltgen weiß, dass weder vielschichtige Sprache noch relevante Themen automatisch Erfolg garantieren. Denn Theater ist Praxis: Erst durch die Performance auf der Bühne, durch das Spiel der Schauspieler vor Publikum – und den Austausch mit diesem – entsteht jene Kunst-Kommunikation, die ausschließlich das Theater zu leisten vermag. Nur so kann der vom Autor intendierte Prozess ausgelöst werden, d.h. „etwas in den Köpfen und den Eingeweiden lostreten. Eigene Gedanken und Gefühle.“ Das müssen nicht die des Dramatikers sein. Kinder- und Jugendtheater funktioniert, wenn die Kreativität der Kinder freigesetzt wird und sie selbst anfangen zu interpretieren. Der Autor fühlt sich verpflichtet, indem er ihnen Raum für eine wertfreie Rezeption lässt. Der kindliche Verarbeitungsprozess folgt eigenen Kategorien, jedenfalls sollte er von Erwachsenen weder angestachelt noch geleitet werden – das führt zu meist zu einem plumpen Zerreden des Erlebten. Bedeutet dies, dass didaktische Stücke grundsätzlich nichts taugen? Biltgen sträubt sich gegen Lehrtheater, dennoch kann man – mit Peter Hacks – einwenden, dass Theater für junges Publikum funktional lehrhaft sein kann, ohne belehrend zu sein. Es darf auf Verfremdungseffekte und die Darstellung von Widersprüchen setzen: „Ein Kind, dessen Unterricht mit Zweifel beginnt, wird bei jener Verschmelzung von Erfahrung und Zweifel enden, welche Anpassung heißt. (...) Es verlangt nur eines: die sittlichen Nachrichten, die man ihm anbietet, sollen keine anzweifelbaren, sondern behauptete sein. (...) Das Kind darf sich an Falschem reiben, aber so, dass es an dessen Stelle das Wahre setzen kann, nie so, dass es verunsichert wird. (...) Kinder vergöttern Ironie – solange sie durchschaubar bleibt. Das sich selbst verspottende romantische Märchen ist dem Kind unangenehmer als der Zeigefinger.“ Das postmodern-solipsistische „Anything goes“ erzeugt kein kritisch-dialektisches Denken, sondern meist Anpassung an bestehende Zustände.

Raoul Biltgen zweifelt am Schluss seiner Rede – ein dezent selbstinszenatorisches Retardement in diesem rhetorischen „Einakter“ –, ob er die Zuhörer zum Nachdenken über das Theater für Heranwachsende inspiriert habe. Ja, hat er. Wenngleich er sich gegen schubladisierendes Theoretisieren sträubt, ist es ihm gelungen, das Paradigma vom antipaternalistischen Theater der Jugendresonanz und der intergenerationellen Begegnung aufzustellen. Zugleich lädt der Text zum Widerspruch ein. Wer es stilistisch pointierter und theoretisch konziser möchte – Biltgen: „(...) will ich gar nicht“ – dem sei der Essay „Was ist ein Drama, was ist ein Kind?“ von Peter Hacks empfohlen.

Ohne Lebensweltbezug kein funktionierendes Jugendtheater

Theoretisch abgerundet wurde die Biennale mit einem Podiumsgespräch im CNL, bei dem Biltgens Essayfrage aus verschiedenen Blickwinkeln beleuchtet werden sollte.

Die antididaktische Keule lässt sich kinderleicht wuchten. Geschwind entwickelte sich unter den Diskutanten, zwei Dramatikern (Biltgen und Forgiarini), einem Schriftsteller/Dramaturgen (Garofalo) und einem Schauspieler (Jaroszek), ein Einverständnis darüber, dass Jugendtheater den Zuschauern nichts vorschreiben darf. In der Tat: Wenn man pädagogisches Theater karikatural aufs Kasperltheater herunterbricht, mag es verständlich sein, doch auch hier gilt es vorsichtig zu sein, denn „die Gesetze des Bühnengerechten zeigen sich im Kaspertheater am reinsten“ (Hacks). Die Idealismuskritik kulminierte darin, dass das Theater sich mit allzu durchsichtigen Botschaften zurückhalten müsse, da es sonst zur Lehranstalt mutiere. Es zeigte sich zudem eine Nuance der Ablehnung dramatischer Klassiker, da sie ggf. altbackene Vorstellungen generieren (Jaroszek) oder als grelle Aktualisierungsversuche enttäuschen und die Jugend abschrecken könnten.

Einig waren sich die Diskussionsteilnehmer zudem darin, dass es vor allem darauf ankommt, Jugendliche nicht mit Fantasiekitsch zu berieseln. Vielmehr verlangen sie nachvollziehbare Stoffe, die ihre Lebensrealität betreffen, sie also als werdende Menschen ernst nehmen; ebenso gehören authentische Figuren und eine ansprechende Sprache auf die Bühne. So kann Jugendtheater funktionieren. Doch wie bekommt man im Zeitalter der Digitalisierung die jungen Leute ins Theater? Hier zeigte sich, dass es oftmals nicht ohne pädagogischen Fingerzeig funktioniert, gerade auch bei Abendveranstaltungen in städtischen Theatern. Die jungen Leute brauchen einen Lehrer oder Erwachsenen als „Zugpferd“ (Forgiarini), der ihnen die Bühnenwelt eröffnet. Gerade dann aber würden die sozialen Unterschiede wiederum sichtbar: Aus kulturellen und finanziellen Gründen könnten sich vorrangig Akademikerkinder einen solchen Abend leisten – Kulturpass hin oder her. Womit man wieder bei der Vermittlerrolle der Bildung angelangt ist – und damit auch jener der „Erbfeinde“.

Dem Merscher „Theatermacher“ Claude Mangen gelang es, den diskursiven Knoten, glücklicherweise kein gordischer, mit einer Schlusseinlage zu entflechten. Einerseits müssen Künstler wie Lehrer sich von allzu engen Vorstellungen von Pädagogik lösen – ganz ohne sie geht es nicht. Darüber hinaus existieren viele, auch inklusive Konzepte, welche die Jugend für die Bühne begeistern können. Als Vorbild nennt Mangen das von Marcel Cremer konzipierte autobiografische Theater, welches Inszenierungen auf verschiedenen Abstraktionsebenen erlaubt. Andererseits gilt es, eine bessere Koordination zwischen Kultur- und Unterrichtsministerium herzustellen. Auf vorhandene Lösungsalternativen könne zurückgegriffen werden, nur bedarf es einer Mobilisierung der nötigen Ressourcen und einer Verankerung in den Curricula, denn ohne einen sanften „Theaterzwang“ geht es nicht. Das Bildungsministerium sucht bekanntlich nach Wegen, eine bessere „Screen-Life-Balance“ herzustellen – bitte, nur zu, das Jugendtheater bietet sich an. Pädagogische Konzepte liegen vor, es fehlt „nur“ noch der aufrechte Gang seitens der Politik – in Zeiten spätkapitalistischer Krisen allerdings ein frommer Gedanke.

„JUNGE ZUSCHAUER SOLLTEN ÄSTHETISCH NICHT EINGEFRIEDET WERDEN, IHRER AUFNAHMEFÄHIGKEIT IST MEHR ZUZUTRAUEN – DAS DRAMA ERWEIST SICH ALS DIE BESSERE UNTERHALTUNG.“




Henning Marmulla, Raoul Biltgen, Tullio Forgiarini, Jan Jaroszek, Olivier Garofalo (vlnr). Finissage, 21.05.25



Konstantin Rommelfangen, Jacques Schiltz, Dominik Raneburger (vlnr). Theaterliteratur, 18.05.25



Diskussion Talentschmëtt Schoul- a Jugendtheater, Lycée Ermesinde Mersch, 18.05.25



ROBERT LOUIS STEVENSON

Prof. Dr. Heinz Günnewig

Rich. Friedel  Davos-Platz.
(SCHWEIZ)



**IM OKTOBER WIRD DIE BIOGRAFIE
ROBERT LOUIS STEVENSON UND
SEINE BANDE ERSCHEINEN. IN
EINER AUSSTELLUNG WERDEN
AUF 12 LEBENSGROSSEN
TAFELN 14 EPISODEN DES
UNRUHIGEN, RASTLOSEN,
WELTWEIT BEKANNTEN, NICHT
ERKANNTEN SCHOTTISCHEN
SCHRIFTSTELLERS ILLUSTRIRT
UND MIT TEXTEN ERLÄUTERT.**

Robert Lewis Balfour Stevenson wird am 13. November 1850 in Edinburgh geboren. Er ist der einzige Sohn von Thomas Stevenson und Margaret Isabella Balfour. Großvater Robert Stevenson hatte mit seinen Söhnen Alan, David und Thomas zig Leuchttürme an der Küste Schottlands erstellt. Er hatte 1811 mit Bell Rock ein nationales Denkmal geschaffen und die Leuchtturmbauerdynastie der Stevensons gegründet. Der zarte Lewis wächst in einer wohl-situierten und streng calvinistischen Familie auf, deren Botschaften ihn bis in seine Träume verfolgen. Als Jugendlicher studiert er nicht das, was sein Vater vorgesehen hat. Lewis findet Studienkollegen aus den gutbürgerlichen, angesehenen Kreisen Edinburghs, verkehrt auch in anrühigen Etablissements, nimmt auf Betreiben von Vater Thomas missmutig ein Jurastudium auf und liest u. a. Montaigne, Villon, Knox, Whitman, Poe, Goethe und findet in Laurence Sterne seinen ‚father‘.

Er lernt eine Fanny Sitwell und einen Sidney Colvin kennen, die Dame stürzt ihn in Turbulenzen, der Herr erkennt in ihm den künftigen Schriftsteller und bestärkt ihn. Lewis schreibt Essays und Gedichte. In einer Künstlerkolonie nahe Fontainebleau lernt er eine Frances Matilda Osbourne kennen und verliebt sich in die verheiratete Amerikanerin. In den Jahren zwischen 1876 bis 1879, in denen er sein Liebesglück sucht, schreibt er Storys, u. a. *New Arabian Nights* und *Travels with a Donkey*, überwirft sich mit seinen Eltern, flieht nach San Francisco zu Fanny Osbourne – und bricht zusammen.

Am 19. Mai 1880 heiraten Frances Matilda Osbourne und Robert Louis Stevenson in San Francisco. Die Heiratsanzeige erscheint in der Pall Mall Gazette, London. Das Ehepaar verbringt seine Flitterwochen in einer verlassenen Silbermine im Silverado Tal. In Briefen bleibt Stevenson mit seinen Freunden in Schottland, und auf Umwegen mit den verstockten und verstörten Eltern, verbunden. Am 17. August 1880 kommen Fanny, ihr Sohn Sam Lloyd und Robert Louis Stevenson nach Schottland zurück. Es beginnt ein unstetes Leben mit Aufenthalten an Orten (Hyères, Davos, Bournemouth), wo Heilung für sein Lungenleiden gesucht wird. Stevenson schreibt Erzählungen: *The Thrawn Janet*, *The Merry Men* u.a.m., Romane: *The Treasure Island*, *The Strange Case of Dr Jekyll and Mister Hyde* u.a.m., Gedichte: *A Child's Garden of Verses*, Essays über Thoreau, Pepys u.a., und bleibt in vielen Briefen mit Vielen verbunden.

Am 8. Mai 1887 stirbt Vater Thomas. Am 27. Mai verlassen Louis, Fanny und Sam Lloyd Schottland, begleitet von Mutter Margaret und Dienstmädchen Valentine Roch. Nach kurzem Aufenthalt in New York reist die Gruppe in das Tuberkulose-Sanatorium von Dr Trudeau am Saranac-See in Kanada. Sieben Monate verbringt Stevenson in Trudeau's Anlage. Schon am 9. Mai 1887 wurde *Dr Jekyll und Mr Hyde* als Theaterstück in Boston uraufgeführt und am 12. September '87 im Madison Square Garden in New York mit großem Erfolg in der Hauptrolle von Richard Mansfield gespielt.



Fanny organisiert das gut ausgestattete und schnelle Segelschiff Casco, mit dem die Fünf und eine siebenköpfige Crew am 28. Juni 1888 von San Francisco aus auf eine Reise zu den polynesischen Inseln aufbrechen; fünf Monate Aufenthalt auf Hawai schließen sich an. Am 24. Juni 1889 verlassen Louis, Fanny und Sam Lloyd auf dem Schoner Equator Hawai; diesmal begleitet von Fannys Tochter Isobelle und Ehemann Joseph Dwight Strong. Am 7. Januar 1890 ankern sie auf der samoanischen Insel Upolu. Stevenson kauft 313 acres Land auf dem Berg Vaea. Im Februar '90 folgt Stevenson einer Einladung des Union House Club in Sydney. Krankheit verhindert eine geplante Reise nach Schottland. Auf dem Handelsschiff Janet Nicoll reisen Fanny, Lloyd und Sam Lloyd monatelang zu polynesischen Inseln, und landen am 15. September 1890 wieder auf Upolu. In der Zeit zwischen 1887 und 1890 schreibt Stevenson *The Master of Ballantrae*, *The Wrong Box*, *The Isles of Voices*, *The Wrecker*, *In the South Seas*.

Vier Meilen entfernt von Apia auf der samoanischen Insel Upolu, lässt Robert Louis Stevenson ein geräumiges Farmhaus für seine Familie bauen. Befreundete Familien aus Apia und Mannschaften von den Kriegsschiffen waren bei ihm willkommen. Mutter Margaret zieht mit Dienstmädchen in das Haus ein. Mehr als eine Handvoll Einheimische, unterschiedlicher Qualität, sind Fanny, Lloyd, Isobelle, Joseph und Louis zu Diensten. Stevenson gerät vor Ort in Quere- len mit den Abgesandten der drei Mächte, für die wirtschaftliche Interessen auf Samoa Vorrang hatten, ebenso zwischen die Kämpfe der samoanischen Häuptlinge und erlebt Missionare der christlichen Kirchen, die nicht nur Gottes Wort befolgten.

In seiner immensen Briefkorrespondenz hält er Kontakt zu Henry James, James Matthew Barrie, Joseph Rudyard Kipling, Arthur Conan Doyle und vielen anderen, die in ihm einen geduldi- gen und wohlgesonnenen Kompagnon erleben; nur die jahrelange Freundschaft mit William Ernest Henley bricht auseinander.



Er schreibt die Erzählungen *The Bottle Imp* und *The Beach of Falesá*, in denen er 'Überlebsel', wie Edward Burnett Tylor es nennt, polynesischer Kultur bewahrt. Er schreibt die Romane *Catriona*, *The Wrecker* und versammelt Episoden aus acht Jahren Upolu in *The Footnote of History*. In *The South Seas* hält er seine drei großen Seereisen zwischen den polynesischen Inseln fest.

Mit *The Ebb-Tide* gelingt ihm, mit Verlaub, sein bestes Werk, ein Glanzstück mit drei kolonialen Ausgeburts-Figuren: grimmig, groß- mäßig, weinerlich, verzweifelt und einer höhnischen weiß gewande- ten Gott-Vertreter-Gestalt, die Finsternis ahnen lässt. *St. Ives*, die Geschichte eines einsamen adeligen französischen Kommandanten im spanischen-französischen Krieg und *Weir of Hermiston*, die er im Wechsel nebeneinander vorwärts bringt, wer- den nach seinem Tod von Arthur Quiller-Couch kongenial zu Ende geschrieben.

Der Tod hat ihn nicht, wie Michel de Montaigne es für sich ge- wünscht hatte, beim Kohl pflanzen erwischt, jedoch am Abend während einer Handreichung, als Fanny Salat für das Abendessen vorbereitete. Es war der 3. Dezember 1894, ein Samstag, 20:10 Uhr.



All day he hung round the cove, or upon the cliffs, with a brass telescope



AUSSTELLUNG & VERNISSAGE

MO 15.09.25 - FR 13.02.26

MO - FR | 14:00 - 17:00

VERNISSAGE DI 30.09.25 | 18:30

ROBERT LOUIS STEVENSON
IN 14 EPISODEN

Prof. Dr. Heinz Günnewig, Tom Diederich

AUF DER BÜHNE

DO 20.11.25 | 15:00

FR 21.11.25 | 14:00

SCHULVORSTELLUNG

DO 20.11.25 | 09:00

FR 21.11.25 | 09:00

PETER PAN

The Growlight Company, Lycée Ermesinde
+6 Joer | Sprache: Luxemburgisch

SCHULVORSTELLUNG

DO 12.02.26 | 10:00

DI 13.02.26 | 10:00

DIE SCHATZINSEL

NACH DEM ROMAN VON ROBERT LOUIS STEVENSON

Junges Theater Bonn
+ 8 Jahre | Sprache: Deutsch

VORTRÄGE

DI 18.11.25 | 18:30

DIE GEBURT VON
PETER PAN

Prof. Dr. Heinz Günnewig

DI 10.02.26 | 18:30

ROBERT LOUIS
STEVENSON UND
SEINE BANDE

Prof. Dr. Heinz Günnewig

JE 29.01.26 | 15:00

SCHULVORSTELLUNG

ME 28.01.26 | 10:00

ME 28.01.26 | 14:30

JE 29.01.26 | 10:00

LE CHAPELIER FOU

UN VOYAGE DÉLICIEUX À L'HEURE
DU THÉ

Les Escargots Ailés
+6 Jahre | Sprache: Französisch



Nous proposons
également :
**COURS EN
BLENDED
LEARNING
+
COURS
INTENSIFS**



APPRENEZ UNE NOUVELLE
LANGUE AVEC L'INLL **MERSCH** !

INLL Belval
14, Porte de France




DÉCOUVREZ
AUSSI NOS
AUTRES SITES



INLL Glacis
21, boulevard de la Foire



Pour plus d'informations : www.inll.lu





Jerry Klein, Photos : Ben Wagner

LE THÉÂTRE COMME VOUS NE L'AVEZ JAMAIS ENTENDU !

LA PREMIERE AUDIODESCRIPTION THÉÂTRALE EN LUXEMBOURGEOIS

« Enfin ! C'est pour moi. » C'est ce qu'Armand, spectateur non-voyant, s'est dit en entendant une voix lui décrire chaque détail d'une pièce de théâtre luxembourgeoise en direct.

« J'étais vraiment là, avec les autres spectateurs et pour une fois, je n'avais pas l'impression d'être exclu. Je me retrouvais dans l'histoire, je ressentais les silences, je comprenais les gestes. »

Armand a pu vivre ce moment exceptionnel grâce à un projet d'audiodescription en direct de la pièce *VRECKVÉI*, produite par le Mierscher Theater, rendue accessible grâce à l'initiative de la Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung (FLB) et de son Institut Betty Hirsch (IBH). Mais l'élément qui représente une vraie nouveauté au Luxembourg, un tournant important pour l'inclusion, c'est que cette description à travers la voix était diffusée une première fois en langue luxembourgeoise !

L'inclusion sur scène : plus qu'une idée, une nécessité.

Auparavant, les personnes aveugles ou malvoyantes ne pouvaient écouter que des audiodescriptions enregistrées à l'avance. Ces enregistrements se lançaient automatiquement au début de la pièce, mais ils ne pouvaient pas s'adapter aux changements imprévus, aux silences plus longs, aux gestes modifiés. Les personnes déficientes visuelles rataient nécessairement une partie de l'expérience car l'instant vivant leur échappait.

« Ce que j'entendais jusque-là, c'était froid, technique. Pendant *VRECKVÉI*, c'était une voix humaine, chaleureuse, et ancrée dans le moment. Une voix qui partageait la scène avec moi. » – Patrick, spectateur non-voyant.

Cette envie profonde de vivre les expériences comme tout le monde a été le déclencheur du projet. Les premières fondations ont été posées par la Lëtzebuerger Blannevereenegung à l'occasion de son appel aux dons en octobre 2024. Par un message percutant, elle a suscité l'intérêt, la curiosité et la motivation des citoyens : « Envie de devenir audiodescripteur ? Alors contactez-nous ! »





Briser les barrières, un acte à la fois

Il faut du temps pour changer notre manière de voir l'accessibilité. Et du courage ! Les personnes qui ne sont pas directement concernées par le handicap peuvent penser que ce n'est pas pour elles. Mais quand l'expérience est partagée, les préjugés disparaissent.

Grâce à ce projet, un premier pas a été fait. Mais il reste encore beaucoup de chemin. L'audiodescription live de *VRECKVÉI* ne doit pas rester un projet isolé. Cela doit devenir une proposition naturelle dans toutes les programmations théâtrales.

« On a voulu montrer que rendre une œuvre accessible ne la rend pas moins bonne. Au contraire d'ailleurs, ça l'enrichit, ça la rend plus humaine. Et je souhaite vraiment que l'audiodescription devienne un pilier de l'accessibilité culturelle au Luxembourg. » – Thierry Lutgen, Directeur Général de la FLB

Quand la société répond présente

De nombreuses personnes ont répondu à l'appel. Antonia Bruch, enseignante de formation, a manifesté son vif intérêt pour le projet.

« J'ai toujours aimé le théâtre. Pouvoir le rendre accessible, c'était une évidence. Après la formation, j'ai mis ma peur de côté et je suis allée m'asseoir en régie. J'ai ressenti une émotion incroyable. Les mots que je prononçais devenaient les yeux de quelqu'un dans le public » – Antonia Bruch, audiodescriptrice bénévole.

La formation pour l'audiodescription a été mise en place par la FLB en partenariat avec la société allemande « Hörmal Audiodeskription », représentée par Tomke Koop et Florian Eib. Daniel Sousa, bénéficiaire aveugle de la FLB, a également participé activement à la conception de cette audiodescription, apportant une expertise précieuse issue de son vécu.

Pendant plusieurs jours, les audiodescripteurs ont appris à décrire avec précision, à respecter le rythme de la pièce, à laisser la place aux silences.

« Il ne s'agit pas de tout dire. Il faut choisir les mots justes, au bon moment. C'est un art délicat, exigeant, profondément humain et intensément passionnant. »
– Tomke Koop, coach-formatrice pour Hörmal

Un projet ancré dans la réalité luxembourgeoise

Mais l'enjeu était plus grand : il ne s'agissait pas seulement de rendre une pièce accessible. Il s'agissait d'ancrer ce projet dans la culture luxembourgeoise, dans sa langue, son territoire, ses publics. La pièce *VRECKVÉI* s'est imposée naturellement : un texte luxembourgeois, avec des acteurs ayant tous un lien avec le Luxembourg, porté par une scène luxembourgeoise et rendue accessible par des voix luxembourgeoises.

« C'était important que l'audiodescription ne vienne pas d'ailleurs. On voulait que tout, dans ce projet, soit enraciné ici au Luxembourg ... même plus précisément à Mersch » – Anne Wiance, coordinatrice des projets audio de l'IBH.

Voir, toucher, ressentir : au-delà des mots

Avant le début de la pièce, les spectateurs ont pu découvrir une maquette tactile du décor, visiter la scène et rencontrer les acteurs en costumes.

« Le théâtre, ce n'est pas que ce qu'on voit. C'est ce qu'on ressent, ce qu'on imagine. Quand j'ai touché les ballots de paille, la laine de mouton, senti les tissus des costumes, c'est comme si j'avais déjà commencé à rêver. » – Srbijanka, spectatrice non-voyante.

Pour sensibiliser le grand public, en parallèle de la pièce audiodécrite, un évènement spécial a été organisé : *Theater in the Dark*. Les spectateurs voyants intéressés par l'expérience ont pu vivre comme une personne aveugle la pièce avec un casque pour entendre l'audiodescription et un masque pour perdre le sens de la vue. Le public et les autorités politiques communales et nationales ont répondu présents à cette proposition.

HAMSTERRAD

EIN JUGENDSTÜCK MIT LIVE-AUDIODESKRIPTION UND TASTFÜHRUNG FÜR BLINDES UND SEHBEEINTRÄCHTIGTES PUBLIKUM

Alice Rugai, Theater Strahl

Das Stück *HAMSTERRAD* entstand im Rahmen einer Kooperation mit dem Studiengang Szenisches Schreiben der Universität der Künste Berlin, den die Autorin Alice Rugai leitet. Das Stück macht sich, zusammen mit einer mutigen Hauptfigur, auf die Suche nach Identität und Selbstbestimmung, beleuchtet humorvoll gesellschaftliche Ansprüche ans Erwachsenwerden und hinterfragt die Schubladen in unseren Köpfen.

Die Audiodeskription wurde vom Berliner Musiker und Autor für Audiodeskription Felix Koch und der sehbeeinträchtigten Musikerin und Sängerin Johanna Krins (blinde Redaktion) im Tandem entwickelt. Lisa Brinckmann, Schauspielerin aus dem Strahl Theater Ensemble, spricht die Audiodeskription live bei jeder Vorstellung.

Die Tastführung für blindes und sehbeeinträchtigtes Publikum findet 60 Minuten vor Vorstellungsbeginn statt. Dabei stellen sich die Schauspieler:innen vor und beschreiben ihre Figur sowie das Kostüm. Wichtige Kostümteile/Requisiten des Stücks können ertastet werden. Anschließend wird die Gruppe über die Bühne geführt.

Etwa 10 Minuten vor Vorstellungsbeginn erfolgt der Voreinlass für die Audiodeskription. Die Audiodeskription startet mit einer Beschreibung des Raums und einer Einführung zum Stück. Für blindes Publikum reserviert das Mierscher Theater Plätze in Bühnennähe, damit die Geräusche der Inszenierung gut hörbar sind.

Die Entwicklung des Stückes mit Audiodeskription wird von Perform Europe unterstützt, ein Finanzierungsprogramm der Europäischen Union für den europäischen Sektor der darstellenden Künste. Für dieses Projekt kooperiert das Mierscher Theater mit dem Theater Strahl Berlin und dem TAK Liechtenstein.





MADY DURRER

Interview: Claude Mangen
Fotografen: Véronique Kolber

Schonn als Kand huet d'Mady Durrer vill a gär gesongen a gedantz. Si stoung mat 10 Joer beim Gesangveräi vu Stroossen eng éischte Kéier op der Bün. An der Schoul Um Fieldgen krut d'Mady Durrer Kontakt mam Theaternum Eugène Heinen a mam Professer Fernand Hoffmann. Den Eugène Heinen huet fonnt d'Mady hätt vill Talent a wier wëll gewuess, an huet si dorops mat 21 Joer gefrot fir an der deemools populärer *Lëtzebuerger Revue* matzespillen. Zu deem Zäitpunkt huet d'Mady no éischte Versich am Jazzdanz och klassesch Danzcoursen am Stater Conservatoire geholl. No engem éischte Präis am Chant bei der Suzette Engels, engem éischte Präis am Tanz bei der Christiane Eiffes, an no enger Rei Joren op de Brieder vum Lëtzebuerger Theater krut d'Mady Durrer 1980 d'Haaptroll ugebueden am éischte Lëtzebuerger Musical *Hopp Marjänn* vum Pol Pütz a Pierre Nimax senior.



Mady, wat war dat fir e Moment an denger Carrière ?

Et war en immense Glécksfall fir mech. Ech war zu deem Zäitpunkt mat dat Eenzezt am Ensembl, wat gesongen, gedantz a gespiilt huet. Pütze Pol hat mir d'Roll op d'Panz geschriwwen. Hien ass bei mech heem komm, fir munches am Virfeld mat mir ze beschwätzen. Et war awer fir eis allequerten nei, net nëmme fir mech. Et war extrem spannend, well nach ni sou e Musical gemaach gi war, scho guer net op Lëtzebuergesch. All déi Leit, déi dorunner bedeelegt waren, weder de Pol Pütz als Auteur, nach de Pit Nimax als Komponist, de Claude Fritz als Regisseur oder d'Christiane Eiffes als Choreographin, haten iergendeng Referenz an deem Beräich. Vun do hir war et eng aussergewöhnlech Chance fir mech a fir eis all.

Hopp Marjänn gehéiert bis haut mat iwwer 10.000 Zuschauer·innen zu engem vun de gréisste Succès vum Lëtzeburger Theater! Hat dir domat gerechent oder war dir iwwerrascht vun deem risegen Erfolleg ?

Et war vun Ufank u eng gewësse Spannung do, well kee wosst wéi de lëtzeburger Publikum sou e Musical géif ophuelen. Et war och net - wéi dat haut de Fall ass bei Musicals - wou een e Knappmikro huet. Mir goufen net verstärkt an hu misse Stëmm gi fir géint de ganzen Orchester duerch ze kommen. Et hongen zwar Mikroen iwwer der Bün, ma déi ware keng grouss Hëllef. Mir waren all immens iwwerrascht iwwer de grouse Succès, deen et finalement ginn ass.

Wéi war deng beruflech Situatioun als Actrice beim Lëtzeburger Theater? Häs du dir nom groussen Erfolleg vun Hopp Marjänn eng professionell Karriär kéinte virstellen ?

Déi Zäit hat ech 10 Stonnen am Conservatoire fir Solfège Corporel mat Kanner an ech hunn 10 Stonne Rhythmik a Musik fir ganz Klenger ginn am International Kindergarten. Mir goufen zwar bezuelt fir eis Aarbecht am Theater ma dat wier ni duer gaang fir dovunner kënnen ze liewen.

„ECH SINN NACH ËMMER
VIRWËLZEG FIR NEI SAACHEN
AUSZEPROBÉIEREN !“

Bei mir war ni eppes kloer vu vir eran. Ech hunn déi dräi Saachen - Danzen, Sangen a Spillen - ëmmer mat vollem Asaz gemaach an et ass mir villes op de Kapp gefall. Dann huet ee mech gefrot, ob ech Loscht hätt fir e Concert ze sangen oder mir hunn am Conservatoire grouss Produktiounen organiséiert. Alles selwer gemaach, Kulisse gemoolt, Kostüme gebitzt... Mir waren Idealisten. Dat war et och, wat eis ugedriwwen huet. Ech hu Villes a mengem Liewen sou ugepaakt, wollt ëmmer Grenzen austesten. Mat de Kannerbicher, déi ech geschriwwen hunn, huet et och sou ugefaangen.

D'Mady Durrer spillt dës Saison 25/26 mat bei Die Panne vum Friedrich Dürrenmatt am Mierscher Theater, steet deemno no iwwer 50 Joer nach ëmmer op Lëtzeburger Bühnen a weess genee wéi d'Theaterzeen sech an all där Zäit entwéckelt huet.

Wéi ech ugefaangen hu, goufen et engagéiert Leit bei deene klengen Theater wéi Kasemattentheater, TOL an Théâtre du Centaure, déi probéiert hu professionell ze schaffen, mä et ass ni duergaangen fir dervun ze liewen. Si haten all nach en Niewenjob, an et war och gesetzlech näischt gereegelt. Dat huet sech alles geännert an den artistesche Beruff ass unerkannt.

Et ass och vill geschitt an de Schoulen, an an der Formation an de Conservatoires, iwwerhaupt och an der Gesellschaft zu Lëtzebuerg wou den Theater immens evoluéiert huet. Et si vill Leit aus dem Ausland zeréck op Lëtzebuerg komm well d'Situatioun sech gebessert huet. Deemools war och finanziell näischt gereegelt. Wann ech zum Beispill Cabaret iwwer Land gespiilt hunn, goufen et ënnerschiddlech Tariffer fir kleng Veräiner oder gréisser Organisateuren. Domat ware mir dacks averstane, well mir soss guer net gespiilt hätten.

Wat ech net sou gutt fannen ass, dass et haut därmoosse vill kleng Strukture ginn an dat sech zerfledderet. Et geet bësse besser, well méi ënnerenee koproduzéiert gëtt. Ganz dacks gi Saache geprouft, ee Mount laang a méi, an da ginn se just sechs mol gespiilt. Dat ass schrecklech. Ech fannen et schued, dass kee lëtzeburger Ensembl forméiert gëtt. Do misst eppes geschéien, vläicht en nationale Lëtzeburger Theater mat engem Danzgrupp, wou ee vu Baussen och kéint Gäscht mat eranhuelen. Ech géif mer wënsche wa méi nohalteg produzéiert géif ginn.

D'Mady Durrer huet vill Theater, Kannerstécker a Cabaret op Lëtzebuergesch gemaach, wat awer lues a lues verschwënnt. De Kannertheater an de Cabaret sinn eng gutt Schoul, wou ee léiert no beim Publikum ze spillen.

Mir sinn eben eng multikulturell Gesellschaft wou net méi souvill Leit Lëtzebuergesch verstinn. Kannertheater hunn ech immens gäre gemaach a Cabaret och. Fir gudde Kannertheater ze maachen, muss ee wësse wéi Kanner funktionéieren, wat an hinne virgeet. Se sinn am Fong ganz logesch. Et muss ee selwer bannen dran nach Kand bleiwen. Dat hunn ech mir ëmmer versuergt. Ech denke lo nach heiansdo wéi Kanner. Mir hu vill Matmaach-Kannertheater gespiilt, wou mer d'Kanner op d'Bün geholl hunn. Dat war ëmmer ganz spannend, well een ni wousst, wat dobäi eraus kënnt. Do huet ee misse spontan sinn. Dat war am Cabaret och bësse sou. Dowéinst sinn ech nach ëmmer virwëlzig fir Villes an ech hu Loscht op nei Saachen!



THEATER

KREATION &
KOPRODUKTION
MIERSCHER
THEATER

Besetzung

Text: Friedrich Dürrenmatt
Regie: Claude Mangen
Regieassistent: Brigitte Bintz
Bühne: Jörg Brombacher
Kostüme: Ulli Kremer
Schauspiel: Marc Baum,
Nickel Bösenberg, Mady Durrer,
Jean-Paul Maes, Neven Nöthig,
Timo Wagner
Produktion: Mierscher Theater
Koproduktion: Kaleidoskop Theater

MIERSCHER
THEATER

Die Frage nach Gerechtigkeit und Schuld sind zentrale Themen in Friedrich Dürrenmatts Komödie Die Panne. Erzählt wird die Geschichte von Alfredo Traps, der aufgrund einer Autopanne seine Reise unterbrechen muss. Bei einem pensionierten Richter findet Traps Unterschlupf. So verbringt er den Abend mit seinem Gastgeber und dessen ehemaligen, ebenfalls pensionierten Kollegen: ein Richter, ein Staatsanwalt, ein Verteidiger und ein Henker. Während sich das Abendessen als eine stundenlange Völlerei entpuppt, erzählen die vier Alten Traps, dass sie in ihrer Freizeit ihren früheren Berufen nachgehen und berühmte Prozesse nachspielen. Da ihnen für diesen Abend ein Angeklagter fehlt, ermuntern sie Traps, diese Rolle einzunehmen, der dankend annimmt. Traps, überzeugt von der eigenen tadellosen Schuldlosigkeit, gerät jedoch durch das perfide Spiel der Alten zunehmend in Bedrängnis. Am Ende der Fressorgie liegt ein Todesurteil auf dem Tisch.

Die 1956 erschienene, ursprünglich als Hörspiel konzipierte Erzählung des Schweizer Schriftstellers wurde erst später als Novelle veröffentlicht, zweimal verfilmt und als Theaterstück aufgeführt. Sicherlich muss man Die Panne im geschichtlichen Hintergrund der 50er-Jahre lesen. Der Krieg war vorbei. Wie geht man mit der Schuld um? Der Schuld zu den Tätern zu gehören und der Schuld zu den untätigen Zuschauern zu gehören?

Wir finden in einigen Stücken Dürrenmatts die Figur des Richters. Und wir finden genauso die Figur des Rebellen, des Individuums, der auf seine Art, die Welt wieder in Ordnung bringen" möchte.

DO 23.10.25 | 20:00 PREMIERE
SA 25. & DI 28.10.25 | 20:00
SCHULVORSTELLUNG
MI 22. & MO 27.10.25 | 10:00

DIE PANNE

Friedrich Dürrenmatt



Tickets 30€ / 15€ | mierschertheater.lu | T. 26 32 43 - 1



M A R B R E R I E
STEMPER

OUTDOORKITCHENS.LU | STEMPER-STONES.LU



**DE LUUCHTEKËNSCHTLER
MARC THEIN ASS
REEGELMÉISSEG AM
MIERSCHER THEATER.
DUERCH SENG KREATIV
APPROCHE A VILLFÄLTEG
PROJETEN KËNNT HIEN
ËMMER NEES OP NEI IDDIEN
A GEDANKEN.**

MARC THEIN

Interview: Pit Ewen
Fotolen: Véronique Kolber

Marc, du bass e villsäitege Luuchtekënschtler. Wann een deng Website kuckt, da gesäit een do Projeten am Theater, mat Bands, Live Sets, open-air an och vill Eegen- an Handaarbecht. Kann ee soen, dass du eng Do It Yourself-Approche vis-à-vis vun dengem Metier hues?

Jo absolut. Ech si jo usech an dee Metier geruscht. Ech hunn Tourismusmanagement studéiert an ofgeschloss an dono hat ech nach ee Master a *Learning and Communication in Multilingual and Multicultural Contexts* ugefaang, mee nom drëtte Semester hat ech kee Bock méi an hu mol en halleft Joer Party gemaach. An dunn hat ech kee Geld méi. An du sinn ech bei Discolux a bei de Luuchte gelant. Ech hunn ëmmer Saache gebaut an déi Saachen, déi ech bauen, sinn ëmmer déi Saachen, déi soss kee mécht. Ech beschäftege mech vill mat Form a Format. Mir schwätze vill iwwert recycléieren an eng Ressourcerie opzebauen. Ech denke mir, et kéint een d'Décoren och einfach aneschtlers bauen. An do amuséieren ech mech. Am Holz, am Metall, ... Deen Do It Yourself-Volet ass einfach esou entstanen. Ech hu mir alles selwer bäibruecht. Den Diplom, deen ech hunn, ass meng Réckversécherung. Wann näischt méi geet, da kann ech nach ëmmer eppes domat maachen.





Wéi een Titel géifs du dir selwer ginn? *Créateur Lumière* aus dem Franséischen trifft et villäicht éischter ewéi Beleuchter op Däitsch?

Ech soen einfach ëmmer: Ech maache Luucht an all senge Facetten. Also wou ech meng Website frësch gemaach hunn, hunn ech festgestallt, dass meng Roll bei de verschiddene Projeten ënnerschiddlech ass. Heiansdo ass et *Luucht*, heiansdo ass et *Lighting Design*, heiansdo ass et *Lights*, heiansdo ass et *Créateur Lumière*, heiansdo ass et *Artiste*, heiansdo ass et *Set Design/Scénographie* - dat lescht awer manner oft. Ech maa-chen ëmmer iergendeppes wat mat Luucht ze dinn huet. Am Endeffekt kënn et ëmmer rëm op d'Luucht zrëck.

Wéi spréngs du vun engem Projet an deem nächsten? Vun engem risegen open-air Projet an der Völklinger Hütte mam Heiner Goebbels op eng frontal Bünesituatioun am Mierscher Theater fir dem Saeed Hani säin *Unveiling the Abstract*, zum Beispill. Iwwerhëls de do Saachen oder grenzt sech dat esou quer villäicht aus?

Iergendwou ass alles zesumme matenee verbonnen. Ech hunn zum Beispill eng speziell Luucht zu Völklingen benotzt, déi ech virdrun am Kapuzinertheater benotzt hunn. Vu Völklingen dunn ass d'Luucht matgewandert an den TNL fir e Stéck vum Camille Kerger. Dat huet natierlech ëmmer gepasst, soss geet dat jo net. Dat ass dann eng Ästhetik, déi bei verschidde Stécker passt. Wat ee bei engem wéi dem Heiner Goebbels léiert, ass d'Dramaturgie vun der Luucht a vum Stéck a wéi alles zesummenhänkt. Dat ass eng Schoul, déi hält ee mat.

Beim Theater ass et mir eigentlech egal wat si schwätzen. Ech wëll héiere wéi d'Leit, déi schwätzen, kléngen. An de Prouwe wëll ech héieren a gesi wat si maachen. Duerno sinn ech dann aleng an iwwerleeë mir mäint. Dat ass e ganze Prozess. Duerno op der Bün ass souwisoou erëm viles anescht. Et ass awer och vill un de Raum gebonnen. Ech beliichte méi de Raum wéi d'Leit a probéieren de Raum esou ze bauen, dass déi Leit, déi op der Bün sinn, do eng Plaz fannen. Eng Luucht fir de Schauspiller X op der Plaz A hell ze maachen, fannen ech langweileg. Dat kann ee maachen, mee do gesinn ech mech net.

Dem Choreograph Saeed Hani seng kënnschtlersch Ästhetik baut op engem grëndlech iwwerluechte Minimalismus op an deem Kierperen an Objete benotzt gi fir staark Biller ze kreéieren. Wéi fills du dech a seng Welt eran? Wéi gesäit déi Zesummenaarbecht aus?

Wat ech enorm un him schätzen, bei *KHAOS* zum Beispill, do sinn ech an de Mierscher Theater komm eng Prouf kucken an do war d'Stéck schonn zu 95% fäerdeg. De Sound war fäerdeg, d'Mouvementer ware bal all fäerdeg. Dat heescht, seng Visioun war gemaach. An du sinn ech eréischt derbäi komm, hu mir déi Prouf ugekuckt an hu meng Visioun dropgesat, déi natierlech net direkt passt an doraus entstinn dann nei Iddien an nei Dynamiken, Spannungen am Bild. Ech ka gutt mat him funktionéieren, well hien huet schonn seng Iddie fäerdeg, duerno freet e mech a léisst mer och d'Fräiheet - natierlech gi mol Biller och diskutéiert, awer et ass en angeneemt Schaffen.

Wagner vum Jacques Schiltz beweegt sech tëscht hilaranter Komik an historeschem Usproch, mat ville Schauspiller-innen op der Bün, e Bünebild a Kostümer, déi a Kollaboratioun tëscht der Marie-Luce Theis an der Michèle Tonteling entstinn. Wou ass do deng Plaz? Diskutéiers du vun Ufank u mat oder kënns de eréischt géint der Schluss dobäi?

Ech kennen de Jacques elo scho méi laang an de Jacques war ëmmer sou de classesche Regisseur mam Motto „d'Luucht kënn eréischt zum Schluss eran“. Mëttlerweil huet e realiséiert: „et ass scho clever, wann een de Marc vun Ufank u freet an och mat about“. Dat huet en dunn och gemaach an ech war bei der éischter Reunioun derbäi. Ech brauch och net méi. Ech gi just eng Kéier mat, lauschtere wat do sou gezielt gött. D'Marie-Luce an d'Michèle sinn awer och Persounen, déi gäre mol Iddien tauschen, Saache weisen an da Feedback froen. Si maachen elo mol hiert. Iergendwann kommen ech dobäi an hu meng Iddi. An da musse mir kucken ob mir do uneneen, laanschteneen,... fir zesummen eppes ze kreéieren. Mam Jacques ass et ëmmer spannend. Et ass en anert Schaffen, awer ëmmer och ganz angeneem. Hie schéckt mir Videoen oder Saache fir ze liesen, déi e fënnt, wou ech heiansdo guer näischt verstinn. Hien ass voll an der Thematik an ech liesen dat dann a pfff... (*weist en explosiounsartege Geste*). Muss ech als éischt e Buch liese fir dat do ze verstoen? Mee ok! (laacht)

„ECH BELIICHTE MÉI DE RAUM WÉI D'LEIT A PROBÉIEREN DE RAUM ESOU ZE BAUEN, DASS DÉI LEIT, DÉI OP DER BÜN SINN, DO ENG PLAZ FANNEN.“

UNVEILING THE ABSTRACT

OR THE HIDDEN PATH OF RESISTANCE

FR 14.11.25 | 20:00 PREMIERE

SA 15.11.25 | 20:00

Saeed Hani,

Hani Dance & menschMITmensch e.V.

WAGNER

ODER GEBRAUCHSANWEISUNG FÜR ANFÄNGER UND FORTGESCHRITTENE IN DER SORGENFREIEN LIEBE ZUM BAYREUTHER MEISTER

DO 18.06.26 | 20:00

SA 20.06.26 | 20:00

Jacques Schiltz, Independent Little Lies,
Mierscher Theater, Théâtre National du Luxembourg



MAKING OF

Erny T. Kohn, Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch
Fotograf: Daniel Jordao

Nom Zweete Weltkrich gouf virun der Mierscher Kierch ee Monument opgeriicht fir den Affer vun dësem Krich ze gedenken. Dorënner befannen sech Resistenzler grad esou wéi deportéiert an zwangsrekrutéiert Mënschen. Si all hunn de Krich net iwwerlieft. Hir Nimm kann een dofir haut nach op dësem Monument liesen. Et sinn der aachtavéierzeg. 48 Schicksaler. 48 Tragedien. 48 Mënschen.

Zesumme mat de Mierscher Guiden a Scouten vum Grupp Saint Michel maachen d'Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch zënter 2020 all Joer ee Film an dem si engem vun dësen Affer besonnesch gedenken. 2025 behandelt de Film d'Thema vun der Émsidlung, eng Episod aus der Okkupatiounszäit vun 1942 bis 1945, déi gréisstendeels an de Vergiess komm ass.

Am Park vu Boberstein, haut Bobrow (PL) stinn nach ëmmer d'Iwwerreschter vun engem fréiere Schloss, wat ee mat e bësselche Fantasie un eng éischter romantesch Kuliss erënneren deet. Ma hantert deene Mauerer huet sech während dem Zweete Weltkrich keng Romantik ofgespillt, mee Geschichten, déi entretemps an de Vergiess gerode sinn. Hei haten d'Nazien dat sougenannte „Lager 103“, een Émsidlungslager fir Lëtzebuerger installéiert. Eng vun deene Familljen, déi dohin émgesidelt gouf, war d'Famill Arendt vu Recken bei Miersch. D'Elteren, véier vun hire Kanner an déi 86 Joer al Catherine Arendt goufen als éischt Famill aus dem Land dohinner deportéiert.

Fir d'Erënnerung doru liwweg ze halen, hunn sech och dës Joer nees zwou Generatiounen zesumme gedoen: déi jonk Membere vun der Mierscher Guiden a Scouten an déi manner jonk, mä net manner engagéiert Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch. Aus dëser intergeneratiouneller Kooperatioun ass nees ee besonnesche Filmprojet entstanen. Ee Wierk, dat dokumentéiert an Erënnerunge festhält, a gläichzäiteg och vermëttelt, wat deemools passéiert ass. Wéi huet eng Famill sech gefillt déi am September 1942 émgesidelt ginn ass an hiert Doheim ënner Zwang huet misse verloossen?

De Film gëtt wéi all Joer och op Commemoratiounsdag an der Mierscher Kierch gewisen.

Vun der Recherche bis zur Filmkamera

Ier iwwerhaupt mol eng Kamera konnt agesat ginn, stounge laang a präzis Recherchen am Vierdergrond. D'Archive vun der Gemeng Miersch a vun der Mierscher Geschichtsfrënn goufen duerchgebléiert an ënnersicht; Fotoen, Dokumenter a Bréier analyséiert. Mat der Hëllef vun dëser Recherche goufen detailléiert Informatiounen iwwer d'Deportatioun an d'Lagerliewen zesummegedroen; vum Alldag iwwer d'Lagerarchitektur bis bei der streng Reegelen, un der Bewunner sech hu missten halen.

De Film gouf an authentesch nogestallte Kulisse gedréint. Fir d'Atmosphär esou no wéi méiglech un der Zäiten erunzebréngen, war d'Filmcrew souwuel op Kostümer wéi och op Accessoires aus der Zäit ugewisen. Wat net konnt nogebaut ginn, gouf ausgeléint. D'Actrice an d'Acteur goufen intensiv op hir Rolle virbereet. Net nëmmen d'Gesten an d'Mimik hu missten astudéiert ginn, mä och d'Emotiounen aus der schwéier Zäit sollten erëm gi ginn.

Eng Zesummenaarbecht déi verbënnt

D'Scoute vum Grupp Saint Michel hunn sech virun allem ëm d'Schauspill, d'Logistik, de Catering an de Kulissenopbau gekëmmert, während d'Geschichtsfrënn déi historesch Genauegkeet an Detailkenntnisser bäigedroen hunn. Dës Kombinatioun huet et méiglech gemaach ee Film ze schafen, deen nodenklech stëmmt an der beréiert.

Nieft dem techneschen Oflaf vum Film gouf et awer och perséinlech Momenter um Set. An de Pausen tëschen den Dréizeenen, beim Diskutéieren iwwer d'Liewen aus der Zäit oft am Verglach mat der aktueller Zäit. Eng Fro, déi ëmmer nees zur Sprooch koom, war: Wéi kann een esou eng tragesch Geschicht mat dem néidege Respekt erzielen?

Fir d'Catherine Arendt a fir d'Erënnerung

De Film ass virun allem der Joffer Catherine Arendt vu Recken dedéiert. Obwuel selwer net betraff vun den Nazien hirem Diktat, hat si mat 86 Joer decidéiert, hir Famill ob dem schwéiere Wee an d'Émsidlung ze begleeden. Si steet stellverriedend fir déi vill aner Mënschen, déi duerch dës mënschenonwiederde Moosnam hir Heemecht an hir Fräiheet verluer hunn. De Film soll net nëmmen nodenklech stëmmen, mä e soll och weisen, wéi wichteg d'Erënnerung ass.

Dës Film ass Deel vun eiser lokaler Erënnerungskultur. Gemaach gouf e mat ganz vill Häerz an Engagement an dem festen Zil fir déi, déi net méi kënnen dovun erzielen, net ze vergiessen.



LAGER 103

FILMPROJEKTION

SO 23.11.25 | 15:00 & 17:00

Grupp Saint Michel - Mierscher Guiden a Scouten,
Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch

© Mathilde Magne

AUS DËSER
INTERGENERATIONELLER
KOOPERATION ASS NEES EE
BESONNESCHE FILMPROJET
ENTSTANEN. EE WIERK,
DAT DOKUMENTÉIERT AN
ERËNNERUNGE FESTHÄLT,
A GLÄICHZÄITEG OCH
VERMËTTLET, WAT DEEMOOLS
PASSÉIERT ASS.



Le Mierscher Theater réalisera plusieurs projets durant la saison 2025/2026 en collaboration avec le Conservatoire de la Ville de Luxembourg. Par ce biais, de jeunes talents auront l'opportunité d'accéder à la scène professionnelle du Mierscher Theater et de gagner en expérience. L'engagement envers la jeunesse est profondément ancré dans la philosophie du Mierscher Theater, comme en témoignent sa programmation et les résidences artistiques proposées.



VE 28.11.25 | 20:00

SA 29.11.25 | 20:00

LE CHANT CHORAL DANS TOUS SES ÉTATS

**LES PLUS BEAUX CHŒURS D'OPÉRA
ET EXTRAITS DE CARMINA BURANA**

**Chorschule du Conservatoire de la Ville de
Luxembourg, Chorales d'Hommes Réunies,
Estro Armonico**

Plus de 180 choristes se réunissent pour offrir un florilège des plus beaux chœurs d'opéra, dans un concert aussi éclatant et harmonieux qu'un bouquet de fleurs somptueux.

MA 06.01.26 | 20:00

SOUNDSCAPES

EVL & FRIENDS NEW YEAR'S CONCERT

**Ensemble Vocal du Luxembourg,
Matthias Rajczyk, Andreas Mader,
Joseph Moog**

L'Ensemble Vocal du Luxembourg, sous la direction de Matthias Rajczyk, s'associe aux solistes Andreas Mader (saxophone) et Joseph Moog (piano). Ensemble, ils façonnent des textures sonores raffinées, où les timbres vocaux, le piano et les couleurs expressives du saxophone s'entrelacent avec justesse et sensibilité.



JE 15.01.26 | 20:00 PREMIÈRE

SA 17.01.26 | 20:00

LE SIÈCLE DE LUCIA / NON TROVO IL FILO

POÈME-OPÉRA

**Jean Portante, Maurizio Spiridigliozzi,
Claude Mangen**

Ce poème-opéra sera un voyage, sonore et émotionnel, une œuvre profondément personnelle : une sorte d'opéra intime où se mêlent les réminiscences de l'Italie et l'empreinte du Luxembourg.




© Bo Hallengren

Centre national de littérature
Lëtzebuenger Literaturarchiv



Archiv Fuerschung Manifestatiounen

*Archives
recherche
manifestations*



Fame Studio

Iwwer 1.500 Auteuren – vun 1815 bis haut
Plus de 1.500 auteurs – de 1815 à nos jours

AUTORENLEXIKON.LU
DICTIONNAIRE-AUTEURS.LU

www.cnl.public.lu



Eis Publikatiounen

Nos publications

SHOP.LITERATURARCHIV.LU

2, rue Emmanuel Servais
L-7565 Mersch
cnl@cnl.etat.lu


Centre national de littérature
Lëtzebuenger Literaturarchiv



Text: Pol Pütz

Hopp Marijänn / Musical

Musek: Pierre Nimax



Autograph Partitur vum Pierre Nimax sen. vum der Overture vum Hopp Marijänn



Typograph vum Pol Pütz vum de Rolle vum Hopp Marijänn (CNL, Sig. L-410; I.7.1.2)



Hopp Marijänn 1980 © © Jochen Herling, Editions Revue S.A., 13.12.1980

HOPP MARJÄNN

Sascha Dahm

DEN ÉISCHE LËTZEBUGER MUSICAL

“Et sollt en einfacht Stéck gin, sou einfach wéi déi Leit, déi donidden am Pafendall gewunnt hunn. Et sollt e lëschtegt Stéck gin, wann och munches dran ass, wat guer net fir ze laachen as. ‘Hopp Marijänn’ ass d’Geschicht vun enger jonker Wäschfra, déi aus dem Pafendall an d’Stad koum ‘fir honnert Frang ze verdéngen’. Déi Stater Leit gi beschriwwen, sou wéi déi Pafendaller se gesinn hunn, ganz subjektiv, vun ënnen no uewen, mat all deem wat dat mat sech bréngt. D’Stéck spillt sech an den zwanzeger Joren of. Dat ass scho laang hir an de Pafendall vun haut ass e ganz aneren. Wou fréier d’Marijänn, d’Mais, de Jéng an den Abbes gewunnt hunn, wunnen haut Portugiesen a Spunier. Mee wann d’Marijänn zum Schluss mengt ouni déi Pafendaller géifen déi Stater net eenz gin, dann hëlt een unescht, datt sech am Fong geholl guer nët esou vill geännert huet. Vläch geet et an dësem Stéck och net nëmmen ëm de Pafendall...”¹

Des Synopsis vum Hopp Marijänn huet de Pol Pütz den 18. November 1980 zu Bréissel ofgetippt, knapp ee Mount virun der Uropféierung, den 21. Dezember 1980 am Neien Theater an der Stad Lëtzebuerg a se kann als programmatesch fir den Auteur Pol Pütz gesi ginn, dee sech zu dësem Zäitpunkt schonn als Auteur vu bekannte Revuë wéi där vum 1978 mam Titel *Et huet gelaut* en Numm gemaach hat a sech net gescheit huet, mat schaarfen, witzegen a gesellschaftskriteschen Texter de Fanger an d’Wonn ze leeën. An deem Kontext dierf och gären op d’Wichtigkeet vum der Frëndschaft tëscht dem Pol Pütz an dem Pir Kremer verwise ginn, déi iwwer Joren als Duo an hiren Texter eis Gesellschaft gerëselt an eis Politikerinnen a Politiker gutt gepickt hunn. Ma net just als Revue-Auteur ass de Pol Pütz ënnerwee gewiescht, mä och als Auteur vu Gedichter am Lëtzebuenger Land, Artikelen an den nos cahiers an als Sketch- a Cabaretschreier fir de Kasemattentheater an d’Sendung *Hei Elei, Kuck Elei*.

Musical-Boom: Och zu Lëtzebuerg?

Mat *Hopp Marijänn* huet de Pol Pütz sech awer un eppes ganz Neiem versicht, wat sécherlech keng einfach Eerausfuerderung war: D’Schreiw vum dem éischte lëtzebuenger Musical. De Musical huet als Genre an den 1980er Jore weltwäit ee reegelrechte Boom erlieft: Stécker wéi *Cats* an dem *Phantom of the Opera* aus der Fieder vum Andrew Lloyd Webber hunn zech Dausende Leit an d’Theatere gezunn a si bis haut de Garant fir ausverkaaften Halen. Ma fir de Pol Pütz dierft de Genre vum Musical nach eng aner wichteg Bedeutung gehat hunn: Hannert deenen op den éischte Bléck iwwerbordenden Optrëtter verstoppt sech quasi bei all Musical e ganz eeschten an dacks sozial-kriteschen Hannergrond, a sou ass et och bei *Hopp Marijänn* net anescht – déi privilegiéiert Stater an déi vulgär Pafendaller an dotëscht de Wee vun der “Wäschfra Marijänn” zur “Joffer Marianne”.

1. Fonds Pol Pütz, Signatur L-410, 7.7.1.2, Centre national de littérature (CNL), Mersch, Luxembourg.
2. Hopp Marijänn. In: Revue, 35. Jg., Nr. 50 (13.12.1980), S. 33.



Lëtzebuurger Theater 1982 -
Les Compagnons de la Scène © reservéiert Rechter



Pol Pütz 1969 © privat



Vun dohier ass et am Réckbléck net verwonnerlech, datt och zu Lëtzebuerg d'Erwaardungen an de Woche virun der Première séier geklommen sinn. An der Revue vum 13. Dezember 1980 gëtt vun engem "Monumentalwerk"² geschwat an dat ass sécherlech och net vu Muttwëll, wann ee bedenkt, datt net manner wéi 30 Schauspillerinnen a Schauspiller op der Bün vum Neien Theater am Dezember 1980 opgetruede sinn. Dorënner Gréisste wéi der Maddy Bertemes-Durrer als "Marjänn", der Josée Fritz als "Mais", dem Marc Faber als "Misch", an dem Fons Kontz als "Karel" ënnert der Regie vum Claude Fritz.

An awer muss ee soen, datt - trotz enger gewësser Euphorie - d'Iddi e lëtzebuergesche Musical op der Bün ze gesinn net direkt jidderen-gem imponéiert huet. Sou heescht am Artikel vum Lëtzebuurger Wort vum 27. Dezember 1980: "Déi eng hun de Kapp aus Matleed gerëstelt, anerer hun der Saach nët getraut, egal wéi, si waren all gespaant; de Virwëtz war gestëppelt, an dat as fir eng ‚Première‘ dat Wichtigst. D'Atmosphär am struppevollen Theater."³

Dat Lëtzebuergesch vun uewen - dat Jéinescht vun ënnen

Sécherlech konnt een och gespaant sinn, wéi de Pol Pütz am éischte lëtzebuurger Musical géif mat der Sprooch ëmgoen an op en et hikritt, déi lëtzebuurger Sprooch "Musical-tauglech" ze maachen? Fir eng Äntwert op des Fro ze fannen ass et néideg e kleng Bléck an dem Pol Pütz säi Schafen ze geheien. D'Ausernanersetzung mam Lëtzebuergeschen ass dem Pol Pütz Zäit senges Liewens ëmmer eng immens wichteg Prioritéit gewiescht. An deem Kontext kann op dem Auteur seng programmatesch Ried *Firwat op Lëtzebuergesch?*⁴ aus dem Joer 1976 verwise ginn, an där den Auteur d'Wichtigkeet vun der Sprooch fir eis Gesellschaft ervirhieft a sech iwwer Joren immens vill fir e standardiséiert Lëtzebuergesch als Mammesprooch agesat huet.

Schonn 1971, am Alter vu nëmme 24 Joer, huet de Pol Pütz d'*Actioun Lëtzebuergesch* mat gegrënnt an 1972 an der Zäitschrëft *Eis Sprooch* den Text *E modernt Lidd* bäigesteiert. Säin onermiddlechen Asaz dofir, datt d'Sprooch net nëmme gelies ma och soll geléiert ginn, léisst sech un enger Abberzuel vu Coursen, Programmer an Dictionnaire be weisen, un deenen de Pol Pütz matgewierkt huet: ë.a. *Eis Schreifweis*, *Mettre au féminin* oder den *Dictionnaire Luxembourgeois - Français*. Et wor nëmme konsequent, datt hie Member am CCPL (Conseil permanent de la Langue Luxembourgeoise) an am Institut Grand-Ducal, Section Arts et Lettres war a Lëtzebuergesch-Coursen am INAP ginn huet.⁵ De 24. Februar 1984 war et dunn endlech souwäit: Lëtzebuergesch gouf als Nationalsprooch unerkannt.

Während all deene Joren huet hie weider geschriwwen an am Laf vun der Zäit huet hien den Ëmgang mat der Lëtzebuurger Sprooch souwäit perfektionéiert, datt et him méiglech war, d'Lëtzebuergesch an alle Genren, onofhängeg op Lyrik, Prosa, Theater oder Musical gläichwäerteg anzesetzen an esou kloer d'Thees ze widderleeën, dat "wat mir sou am Lëtzebuergesche giffe gebuede kréien" just do wier "fir ze laachen, fir d'Leit ze ameséieren an si vun deene wiirkleche Problemer ewechzelackelen."⁶

E Bléck op dat Lëtzebuergesch am *Hopp Marjänn* confirméiert, datt eis Sprooch Musical-tauglech ass an datt dorunner keen Zweifel méi bestoe kann. Ma dat Lëtzebuergesch am *Hopp Marjänn* ass awer net nëmme dat, wat ab 1984 als dat standardiséiert Lëtzebuergesch verstane ginn ass, ma och dat Jéinescht spillt eng immens grouss semantesch ewéi inhaltlech Roll. Eng kloer Trennung tëscht Uewerstad an Ënnerstad, tëscht Privilegiéiert a Proletariat, eng quasi eegen Zort "Geheimsprouch", déi nëmme wierklech ka geschwat a verstane ginn "vun deenen do ënnen". De Clash vun zwou Welten ass am *Hopp Marjänn* virprogramméiert an et ass net méi wéi interessant ze gesinn, wéi d'Sprooch hien Deel an der Entwécklung vum "Marjänn" zur "Joffer Marianne" bäidréit.

Hei zwee Extraiten aus dem Text vun *Hopp Marjänn*, déi déi sproochlech a gesellschaftlech Ënnerscheeder oppeleeën.

Wéi d'Pafendaller déi Stater verstinn:
"Déi Stater Leit, déi droen d'Nieschen, nach ëmmer gäre ganz, ganz héich, mee't freet een séch wat dëse Pak do ouni di Pafendaller méich. Wie giff da soss hir Häsche maachen, wou kréichen si hirt Holz gespléckt, wie giff da soss hir Schéire schleifen, wou géifen d'Dëppen da gefléckt. Duerfir! Méngt nëmme nët dir kënt de Geck mat Pafendaller maachen, a wann dir méngt mir wären Dreck, mir giffe neischt entdaachen, da gi mir Pafendaller wëll dir Hären, dat gët domm, da kritt dir hei mat dësem Blëll eng fatzeg iwwer d'Bomm."

D'Familljemamm Josefine aus der Uewerstad huet ganz aner Suergen:
„Fréier wor alles besser, an alles wor gutt a gerecht, mee d'Zäiten, déi hun haut geännert, an d'Welt, déi as nëmme nach schlecht. Fréier wor alles besser . . . De Meeschter wor Meeschter an d'Mod wor eng Mod, deen een huet gemaach wat deen aanre gesot, an d'Fraen, déi wore nach trei. 'T wor jiddreen zefridden, all Mensch hat séng Roll, a jiddreen dee wouost, wou'n sech upake soll, eis Welt, déi wor nach an der Rei. Fréier wor alles besser . . . De Summer wor Sonn an de Wanter wor Schnéi, déi nei Welt vun haut, ech verstin se net méi, an alles gët all Dag méi schlëmm. Deen een, deen zitt hott an deen aanren zitt har, an haut as 't schon anescht, wéi 't gëschter nach war, a kee Mensch, dee féinnt sech méi rëm. Fréier wor alles besser . . ."

Kee Musical ouni Musek

Den Inhalt an d'Sprooch droen e Stéck, ma et gëtt kee Musical ouni Musek. A fir déi huet sech de Pol Pütz mat kengem anere wéi dem bekannten Dirigent vun der Lëtzebuurger Militärmusek, Pierre Nimax sen., zesummegegoen, dee sech mat dësem Projet och fir eng éischte Kéier op e fir hien onbekanntent Feld Beginn huet. Fir *Hopp Marjänn* komponéiert hien déi ganz Musek a war fir déi musikalesch Leedung bei all den Opféierungen zoustänneg.

D'Reaktiounen op dem Pierre Nimax seng Kompositiounen bleiwen duerchwuess; ween e Broadway-Musical erwaart huet, gouf enttäuscht an de Kritiker am Lëtzebuurger Wort resüméiert: "Datt de Pierre Nimax säin Handwierk à säin 'Noutewierk' kennt, dat as gewosst... ower zënter e Sonndeg wësse mir, datt de 'Musical' säi Gebitt nët as! Déi Musek as ze schwéier, ze déckflësseg fir an e Musical... och wann d'Orchestratioun op eng Big-Band gebaut as an eng Harf als 'Entschëllegong' eragesat gët; esouguer wann hei de beschte Wëll besteet fir e perséinleche Stil ze fannen, gët et kloer, datt dat nëmme méiglech as, wann de Genre selwer engem perséinlech läit..."⁷


Pionéiergeesch

Ma och wann déi eng oder aner Stëmm där Saach net ganz getraut huet, a sécherlech déi eng oder aner Kritik berechtegt ass, sou hunn awer iwwer 10.000 Leit de Wee an déi verschiddenen Opféierungen fonnt an *Hopp Marjänn* zu engem vun de gréisste Succèsen an der lëtzebuurger Theatergeschicht gemaach. De Pionéiergeesch vum engem Pol Pütz esou e Wierk ze schreiwe am Kontext vu senge Bestriewunge fir de Lëtzebuurger Theater, d'Lëtzebuurger Literatur an d'Lëtzebuurger Sprooch, muss och haut nach ervirgehewe ginn.

Nëmmen nach seelen ass *Hopp Marjänn* duerno zu Lëtzebuerg opgefouert ginn an ëmsou méi gespaant dierf ee sinn, wéi d'Stéck elo, 45 Joer no senger Uropféierung wäert am Mierscher Theater op d'Bün bruecht ginn. Eis Gesellschaft huet sech verännert, eis Sprooch huet sech verännert, eis Musek huet sech verännert... an dach ass e Bléck no hannen dacks immens wäertvoll fir no vir ze kucken.

3. „Hopp Marjänn“, den éischte Lëtzebuurger Musical?. In: Luxemburger Wort, 133. Jg., Nr. 298 (27.12.1980), S. 4.
- 4.-6. https://cni.public.lu/fr/actualites/objet-mois/2017/11/Ried_vum_Pal_Puetz.html
7. „Hopp Marjänn“, den éischte Lëtzebuurger Musical?. In: Luxemburger Wort, 133. Jg., Nr. 298 (27.12.1980), S. 4.

„De Pol Pütz huet den Ëmgang mat der Lëtzebuurger Sprooch souwäit perfektionéiert, datt et him méiglech war, d'Lëtzebuergesch an alle Genren, onofhängeg op Lyrik, Prosa, Theater oder Musical gläichwäerteg anzesetzen.“



© Jochen Hering, Editions Revue S.A., 13.12.1980, bearbecht mat KI

HOPP MARJÄNN

E LËTZEBUGER MUSICAL-KLASSIKER

FR 12.12.25 | 20:00

SO 14.12.25 | 17:00

Pol Pütz, Pierre Nimax Sr.,
Musique Militaire Grand-Ducale, Claude Mangen

ANOUK SCHILTZ

Interview : Pit Ewen, Peggy Kind
Photos : Véronique Kolber

Dans une interview avec le Land en 2011, tu disais « une scène n'est pas là pour décorer, il doit y avoir interaction ». Est-ce toujours vrai pour toi ?

24 ans plus tard, je nuancerais ce propos. Au théâtre, chaque moindre petit choix a une signification importante, qu'il s'agisse des formes, des couleurs, des matières... Parfois, il y a aussi des heureux accidents et la magie du spectacle vivant opère. Les termes expriment des nuances parfois difficiles à saisir et varient de pays à pays: on parle ainsi de scénographie, de décor de théâtre, de mise en scène...

Le texte *Le Siècle de Lucia* de Jean Portante est très personnel. Est-ce que ceci change ta perception sur l'œuvre ?

Ceci rend la chose encore plus touchante, même si chaque création (littéraire, musicale, fiction) émerge d'une expérience et d'un vécu personnels. Depuis un moment, je porte un intérêt particulier aux souvenirs et à la recherche des objets du passé, comme on les trouve dans les greniers. On a tous un étui, un carnet, une boîte, une malle, une valise, un coffre, un souvenir... gravé à jamais dans la mémoire et dans le corps. Dans ce sens, j'espère être à la hauteur du précieux du récit de Jean Portante. Enfin, je suis particulièrement passionnée par le fait que la pièce de théâtre soit une création commune entre l'écrivain, le compositeur et le metteur en scène.

***Le Siècle de Lucia* parle de l'Italie, du Luxembourg, du bassin minier, mais aussi de l'amour, de l'incertitude, de la mémoire, et de la mort. Comment créer un espace pour tous ces éléments?**

Avec ma scénographie, je souhaite exprimer un espace mental où coexistent toutes ces réalités, où le passé et le présent s'entremêlent. Par considération écologique, j'aime travailler avec des matériaux biodégradables et récupérer du matériel de scène dans des déchèteries ou du stock de théâtres.

Parallèlement, je laisse la place aux étincelles qui naissent spontanément, aux hasards, aux idées qui émergent grâce aux échanges entre tous les artistes impliqués. Mon travail se situe au croisement des maillons essentiels à la construction d'une œuvre théâtrale.



UN LABYRINTHE SANS FIL D'ARIANE

Corina Ciocârlie

**LE SIÈCLE DE LUCIA RETRACE CENT ANS - OU PRESQUE
- DE SOLITUDE ET D'ILLUSIONS PERDUES, DE SECRETS
ENFOUIS ET DE BLESSURES CICATRISÉES.**

Depuis *Mrs Haroy ou la mémoire de la baleine* (1993), Jean Portante ne cesse de récrire & réinventer l'histoire d'une famille - la sienne - venue des Abruzzes pour chercher du travail dans l'industrie sidérurgique luxembourgeoise. Le père, un immigré de la deuxième génération, est né à Differdange en 1921. La guerre l'a renvoyé en Italie en 1942, comme simple soldat appelé sous les armes (le hasard a voulu qu'il ne finisse pas au front, mais qu'il soit utilisé par ses supérieurs comme interprète) et c'est là qu'il a rencontré une toute jeune femme qui rêvait de devenir institutrice ; ils se sont mariés trois ans plus tard, avant d'entamer un voyage décisif qui allait les ramener au Luxembourg, via Rome, Pise, Gênes, San Remo, Paris, Thionville. Et tout le reste est littérature.

Au départ, ils s'appelaient Nando et Tina ; au fil des pages et des années, ils sont devenus Lorenzo et Lucia, ce qui n'est point anodin, puisque les Fiancés d'Alessandro Manzoni - Renzo Tramaglino et Lucia Mondella - n'ont jamais cessé de guider leurs pas à travers les vicissitudes de la guerre et de l'exil. Une guerre sans laquelle ils ne se seraient jamais rencontrés, une guerre qui leur aura apporté non la mort, mais l'amour et tout ce qui s'ensuit, « les embûches / les pièges / la séparation / les retrouvailles ».

Le *Siècle de Lucia* est aussi celui de Lorenzo, son « beau soldat » qui, enrôlé de force dans l'armée italienne, n'en finissait pas de faire un rêve angoissant : la guerre allait se terminer et il restait un dernier coup de feu à tirer, une dernière victime à tuer, et cette victime, c'était bel et bien lui, « le dernier mort de la deuxième guerre mondiale ». La dernière balle lui était destinée parce qu'il n'avait pas été, hélas, du bon côté de l'Histoire et plus personne n'était là pour l'entendre murmurer : « de quel côté / je ne suis d'aucun côté / de quel côté ».

Opéra-poème à trois voix, secondées par un chœur d'Ombres digne d'une tragédie à l'ancienne, *Le Siècle de Lucia* retrace cent ans - ou presque - de solitude et d'illusions perdues, de secrets enfouis et de blessures cicatrisées. Depuis le premier départ, tout aussi hasardeux que la traversée du Rubicon, les dés ont été relancés mille et une fois : Lorenzo a fini par prendre la nationalité luxembourgeoise, alors que Lucia s'est obstinée vainement à imaginer un retour à la case départ ; les valises ont été faites et défaites, encore et encore (« je lui ai dit restons ici au pied de la colline / il m'a dit partons là-bas au pied de l'usine »). Un fils, Jo, né dans les Terres-Rouges et devenu écrivain, a parcouru le monde et s'est mis à chroniquer les tribulations de la famille (« j'ai inventé un voyage un retour d'autres voyages / un passé un présent un futur / des oublis des souvenirs des oublis encore »). L'histoire s'est poursuivie dans une « étrange langue », où l'on ne roule plus les « r », mais où « les désirs se racontent encore » (« je rêvais de faire des études / de plonger mon nez dans des livres / de ne plus le relever »).




Jean Portante © Philippe Matsas

**« VOTRE SECRET ÉTAIT UNE MUSIQUE
MUETTE DONT JE SUIS DEvenu
LE PAROLIER / MES LIVRES SONT LA MISE
EN CHANSON DE CETTE MUSIQUE MUETTE »**

JEAN PORTANTE,
LE SIÈCLE DE LUCIA / NON TROVO IL FILO

JO fouille dans des cartons / il en retire toutes sortes de classeurs / puis soudain un cahier Atoma à la couverture rouge

JO - j'ai inventé une mère un père / ma mère mon père / c'est toi l'écrivain disais-tu quand je te demandais de me parler de ta jeunesse / j'ai donc inventé ta jeunesse / j'ai inventé un voyage un retour d'autres voyages / un passé un présent un futur / des oublis des souvenirs des oublis encore / le sud là-bas et le nord ici / et entre les deux le long tunnel du Saint Gothard / les corps et les âmes qui s'y métamorphosent / le soleil la neige la pluie / ne descend pas du train qui y est monté / moi aussi je suis descendu du train / c'est toi l'écrivain disais-tu / et tu te taisais / et j'écrivais



Pendant tout ce temps, le décor s'était figé des deux côtés du tunnel du Gothard : là-bas, au Sud, les figuiers, les oliviers, les amandiers et les sommets enneigés du Gran Sasso ; ici, au Nord, l'usine, la mine et, justement, la maison de la rue du Nord, avec ces escaliers maudits de la cave qui devaient entraîner Lucia dans une chute dont elle n'allait pas se relever. Mais ce jour-là, Lorenzo était déjà parti depuis belle lurette et Lucia ne faisait que le rejoindre, une fois de plus, dans l'au-delà (« mon beau soldat est mort en août / et mon temps s'est écoulé en novembre »).

Derrière cette histoire d'amour plus fort que la mort, il reste une tonne de silences, de regrets, d'aveux à peine murmurés, et quelque'un pour les recueillir. Ce quelque'un, c'est Jo, bien sûr, le fils prodig(u)e qui, tout en enchaînant les livres, les voyages, les conférences, les quarts d'heure de célébrité, commence à comprendre qu'il n'est point le protagoniste et/ou le chroniqueur des événements, comme Claudio l'avait été dans *Mrs Haroy* ou *la mémoire de la baleine*. Désormais, et c'est toute la beauté du *Siècle de Lucia*, l'écrivain n'est plus le démiurge de son propre univers, pour la simple raison que ce qu'il croyait avoir inventé était déjà noté, mot à mot, ligne après ligne, dans un cahier Atoma à la couverture rouge, rangé par sa mère dans une grande boîte (de Pandore) : « ce que je voudrais écrire est déjà écrit / tu as écrit dans l'ombre maman / tes mots étaient au fond de la boîte. » Sous prétexte qu'« il y a tant de choses à inventer », Jo publiera sans doute encore des livres, il s'écouterait encore clamer « c'est moi l'écrivain maman », mais la vérité, c'est qu'il n'est plus dupe de rien, les rôles ont bel et bien été inversés : « ton histoire est mon histoire est notre histoire / je suis la sentinelle à la porte du verger / l'arroseur des racines / là-bas et ici / j'arrose la vie et la mort la mémoire et l'oubli le départ et le retour / je suis le messager qui apporte au nord les lettres du sud ».

Dans ce va-et-vient où l'oubli et la mémoire jouent à cache-cache, il n'y a, au fond, ni gagnants ni perdants, il y a juste un labyrinthe sans fil d'Ariane dont on peine à trouver l'issue (« non trovo il filo / le fil à sauver quand tout est perdu ») et cette danse des Ombres relançant à l'infini, comme une rengaine obsédante, le « grand jeu du partir et ne plus rentrer ». Tel un mirage triste, l'être aimé s'éloigne, s'estompe, se meut dans le brouillard - comme dirait Barthes, non point mort, mais vivant flou¹ -, nous rendant inconsolables de n'en préserver qu'une image évanescence, un grain sonore qui se désagrège et s'évanouit : « attends Jo attends / continue encore un peu / je ne suis pas encore prête ». Comment résister à cet appel déchirant d'une voix raréfiée, exsangue, sur le point d'être engloutie par les eaux froides de l'oubli, sans s'y précipiter désespérément pour tenter de la retenir ? Orphée, ce revenant de tous les enfers auquel Jean Portante a déjà emboîté le pas, en sait quelque chose.

1. « Lorsque l'autre se prend de fading, lorsqu'il se retire, au profit de rien, sinon d'une angoisse qu'il ne peut dire qu'à travers ces pauvres mots : 'je ne me sens pas bien', il semble se mouvoir non point mort mais vivant flou, dans la région des Ombres ; Ulysse leur rendait visite, les évoquait (*Nekua*) ; parmi elles était l'ombre de sa mère (...). » (*Fragments d'un discours amoureux*)



Les parents de Jean Portante © privé

Jean Portante © Wolfgang Osterheld

LE SIÈCLE DE LUCIA NON TROVO IL FILO

À PROPOS...

... DE LA MUSIQUE DE *LE SIÈCLE DE LUCIA*
Maurizio Spiridigliozzi, compositeur

Ce poème-opéra sera un voyage, sonore et émotionnel, une œuvre profondément personnelle, une sorte d'opéra intime où se mêlent les réminiscences de l'Italie et l'empreinte du Luxembourg. L'Italie, patrie de l'opéra, dont les mélodies passionnées, les arias enflammées et les chœurs grandioses ont traversé des générations. L'opéra italien, est l'expression même des grandes émotions humaines, des amours enflammés et des tragédies inévitables. Le Luxembourg, avec ses propres sonorités, parfois plus discrètes, issu de ses traditions populaires, ses harmonies chorales, qui raconte l'histoire de sa terre et de ses habitants.

en haut : Anouk Schiltz et Claude Mangen lors d'une répétition
en bas : Maquette de la scénographie de *Le Siècle de Lucia*
© Mierscher Theater



LE SIÈCLE DE LUCIA / NON TROVO IL FILO

POÈME-OPÉRA
Jean Portante, Maurizio Spiridigliozzi, Claude Mangen

JE 15.01.26 | 20:00 PREMIÈRE
SA 17.01.26 | 20:00

DI 11.01.26 | 11:00 MATINÉE AU THÉÂTRE AVEC VISITE DE
RÉPÉTITION & EXPLICATIONS PAR LES ARTISTES

JE 15. & SA 17.01.26 | 19:15 INTRODUCTION À LA PIÈCE

SOIRÉE D'ANNIVERSAIRE AVEC JEAN PORTANTE

JE 18.12.25 | 19:30
Centre national de littérature

À la veille de son 75^e anniversaire, Jean Portante, ses amies et ses amis vous donnent rendez-vous en mots et en musique, autour d'une œuvre qui mêle, en prose et en poésie, histoire, autobiographie et fiction pour témoigner d'une vie littéraire exceptionnelle.

opus
100,7

Huel't iech Concerte mat an d'Stuff



Entdeckt eis Mediathéik



Jouez.

Avec passion.

Avec le soutien de l'agence Foyer

HENRI BRAUN & ASSOCIÉS

Agence Principale d'Assurances

21-23, rue de Colmar-Berg

L-7525 Mersch

Tél.: 32 60 19

Email: braun-associés@agencefoyer.lu



Einfach fir
lech do

Foyer.lu

250 JAHRE E.T.A. HOFFMANN

Zu Ehren des 250. Geburtstags des Schriftstellers E.T.A. Hoffmann entführen Sie zwei Konzerte in die romantisch-märchenhaften Welten des berühmten Autors - und Komponisten!



SA 24.01.26 | 20:00

DER SANDMANN

A VISUAL CONCERT

**Duo Mader/Papandreopoulos,
Fly Theatre**

Auf die Bühne projiziert, erzeugen Bilder ein Spiel von Licht und Schatten und interagieren mit Raum und Musikern. Hoffmanns radikale Vorstellungskraft entfacht unerwartete Klänge und Bilder.

„Das Theaterkonzert ‚Der Sandmann‘ [...] ist eine wunderbare Form voller Passion am kreativen Handwerk an den Grenzen zwischen den Genres.“ – Daniel Conrad, Luxemburger Wort

SA 07.02.26 | 20:00

FANTASIE

**HARFENKLÄNGE UND
ERZÄHLUNGEN NACH
E.T.A. HOFFMANN**

Kammerata Luxembourg

Ein Hauch des Fantastischen durchzieht diesen Konzertabend – Musik und Literatur verweben sich und die Harfe wird zur Erzählerin. Begleitende Texte – etwa von E. T. A. Hoffmann – verweben sich mit den musikalischen Werken und schlagen damit den Bogen zur fantastischen Literatur.



RESERVIEREN SIE IHRE TICKETS

mierschertheater.lu
T. 47 08 95 1 (luxembourgticket.lu)
info@luxembourgticket.lu
www.mierschertheater.lu

Bäckerei & Kaffisstuff



HOTEL MARTHA KAFFISSTUFF

Verbréngt ee flotte Moment an eiser Kaffisstuff
oder reservéiert och gären een Dësch fir
een „Petit-Déjeuner“ moies!



Öffnungszeiten

Dëschdes bis Freides vun 7.00 bis 18.00 Auer
Samschdes a Sonndes vun 8.00 bis 11.30 Auer

Guddesch
Hotel • Restaurant • Events

2, am Kaesch | L-7593 Beringen / Mersch
www.gudd.lu | +352 26 320 405

COUPS DE CŒUR

Fotoen: Véronique Kolber



WILLY VULLERS
FRÉIERE GEMENGECONSEILLER

Mäi Coup de cœur ass
DIE PANNE

D'Wierker vum Friedrich Dürrenmatt waren zu menger Lycéeszäit
Flichtlektür. *DIE PANNE*, eng spannend Erzélung, déi och ver-
filmt ginn ass, gëtt dës Saison als nei Theaterkreatioun ënner der
Regie vum Claude Mangen am Mierscher Theater gewisen. D'Stéck
thematiseiert Gerechtegkeet a Schold, an den Ëmgank mat eegener
Schold. Ech si gespaant wéi den Ugekloten Alfredo Traps an dësem
Theaterstéck mat „Schold ëmgeet“.



DANA HEMPEL
GÉRANTE MIERSCHER LIESHAUS

Mäi Coup de cœur ass
LE SIÈCLE DE LUCIA / NON TROVO IL FILO

Ech freeë mech besonnesch op de Poème-Opéra *LE SIÈCLE
DE LUCIA / NON TROVO IL FILO*, mat dem ech mech elo schonn op-
grond vu mengen italieeneschen a lëtzebuergesche Wuerzele verbon-
ne fillen. Vun den Abruzzan an de Bassin minier, tëscht Erinnerung a
Fiktioun an Italien a Lëtzebuerg, treffen sech hei Theater a Literatur
- dat verspricht eng emotional Rees.



DIE PANNE
DO 23.10.25 | 20:00 PREMIÈRE
SA 25.10.25 | 20:00
DI 28.10.25 | 20:00
SCHULVORSTELLUNGEN
MI 22.10.25 | 10:00
MO 27.10.25 | 10:00



**LE SIÈCLE DE LUCIA /
NON TROVO IL FILO**
JE 15.01.26 | 20:00 PREMIÈRE
SA 17.01.26 | 20:00

© Wolfgang Ostermeid

CONCEPT&PARTNERS

Är Bistro-Brasserie zu Miersch
#mirsimiersch



Beim Méchel
1 rue Jean Majerus
7555 Mersch
beimmechel.lu
+352 2740 7555
info@beimmechel.lu

Entdeckt och eisen anere Restaurant vu Concept&Partners zu Miersch



Fabrik
33 Rue de la Gare,
7535 Mersch
fabrik.lu
+352 2740 3333
eat@fabrik.lu

Fabrik
Annexe
Iess- a Gedrénks
Formulen disponibel
Privat oder Firmen
Eventer op Iech ugepasst

KALENNER

SEPTEMBER

Mé-Fr	15.09.-13.02.	14:00-17:00 AUSSTELLUNG ROBERT LOUIS STEVENSON IN 16 EPISODEN Prof. Dr. Heinz Günnewig
Do	18	18:30 DIALOG PRESENTATIOUN SAISON 25/26 Mierscher Theater
Do	25	19:30 DIALOG LËTZEBUERGER BÜNEPRÄISSER 2025 Ministère de la Culture, THEATER FEDERATIOUN
Dë	30	18:30 AUSSTELLUNG VERNISSAGE ROBERT LOUIS STEVENSON IN 16 EPISODEN Prof. Dr. Heinz Günnewig

OKTOBER

Më	01	09:30 & 11:00 KANNER FLOW L'Autèntica
Do	02	09:30 & 11:00 KANNER FLOW L'Autèntica
Fr	03	09:30 & 11:00 KANNER FLOW L'Autèntica
Sa	04	14:00 & 16:30 MUSEK WOU D'UELZECHT - MIERSCH Catherine Kontz & SL Grange
Më	08	10:00 & 14:30 JUGEND HAMSTERRAD Theater Strahl
Do	09	10:00 & 14:00 JUGEND HAMSTERRAD Theater Strahl
Më	15	18:30 SOIRÉE DES NOUVEAUX CITOYENS Gemeng Miersch
Mé	20	19:00 DIALOG LES LUNDIS DE l'ONJ 1 : DE JOSEPH HAYDN AN DEN CELLO Pit Brosius, Désirée Bonacci
Më	22	10:00 THEATER DIE PANNE Friedrich Dürrenmatt, Claude Mangen, Mierscher Theater, Kaleidoskop Theater

Do	23	20:00 THEATER DIE PANNE Friedrich Dürrenmatt, Claude Mangen, Mierscher Theater, Kaleidoskop Theater
Sa	25	20:00 THEATER DIE PANNE Friedrich Dürrenmatt, Claude Mangen, Mierscher Theater, Kaleidoskop Theater
Mé	27	10:00 THEATER DIE PANNE Friedrich Dürrenmatt, Claude Mangen, Mierscher Theater, Kaleidoskop Theater
Dë	28	20:00 THEATER DIE PANNE Friedrich Dürrenmatt, Claude Mangen, Mierscher Theater, Kaleidoskop Theater

NOVEMBER

Më	05	20:00 THEATER ONDUGEN Fabio Martone, Claude Mangen, Konstantin Rommelfangen, Georges Keiffer
Do	06	20:00 THEATER ONDUGEN Fabio Martone, Claude Mangen, Konstantin Rommelfangen, Georges Keiffer
Fr	07	20:00 THEATER ONDUGEN Fabio Martone, Claude Mangen, Konstantin Rommelfangen, Georges Keiffer
Fr	14	20:00 DANZ UNVEILING THE ABSTRACT Saeed Hani, Hani Dance, menschMITmensch e.V.
Sa	15	20:00 DANZ UNVEILING THE ABSTRACT Saeed Hani, Hani Dance, menschMITmensch e.V.
Dë	18	18:30 DIALOG DIE GEBURT VON PETER PAN Prof. Dr. Heinz Günnewig
Do	20	09:00 & 15:00 KANNER PETER PAN The Growlight Company, Lycée Ermesinde
Fr	21	09:00 & 14:00 KANNER PETER PAN The Growlight Company, Lycée Ermesinde
So	23	15:00 & 17:00 DIALOG LAGER 103 Grupp Saint Michel - Mierscher Guiden a Scouten, Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch

Fr	28	20:00 MUSEK LE CHANT CHORAL DANS TOUS SES ÉTATS Chorschule du Conservatoire de la Ville de Luxembourg, Chorales d'Hommes Réunies, Estro Armonico
Sa	29	20:00 MUSEK LE CHANT CHORAL DANS TOUS SES ÉTATS Chorschule du Conservatoire de la Ville de Luxembourg, Chorales d'Hommes Réunies, Estro Armonico

DEZEMBER

Dë	02	20:00 THEATER LE PETIT PRINCE D'ANTOINE DE SAINT-EXUPÉRY Oana Pellea, Lari Giorgescu
Do	04	19:30 DIALOG LE VOYAGEUR IMMOBILE Serge Wolfsperger, Lambert Schlechter
So	07	11:00 & 15:00 KANNER MARCELINE La Petita Malumaluga
Mé	08	09:30 & 11:00 KANNER MARCELINE La Petita Malumaluga
Dë	09	09:30 & 11:00 KANNER MARCELINE La Petita Malumaluga
Fr	12	20:00 MUSEK HOPP MARJÄNN Pol Pütz, Pierre Nimax Sr., Musique Militaire Grand-Ducale, Claude Mangen
So	14	17:00 MUSEK HOPP MARJÄNN Pol Pütz, Pierre Nimax Sr., Musique Militaire Grand-Ducale, Claude Mangen
Mé	15	19:00 DIALOG LES LUNDIS DE L'ONJ 2 : DEN IGOR STRAVINSKY AN D'PERKUSSIOUN Pit Brosius, Christophe Pütz
Sa	20	20:00 MUSEK WANTERCONCERT Mierscher Musek, Lëntgener Musek

JANUAR

Dë	06	20:00 MUSEK SOUNDSCAPES Ensemble Vocal du Luxembourg, Matthias Rajczyk, Andreas Mader, Joseph Moog
Do	15	20:00 MUSEK LE SIÈCLE DE LUCIA/NON TROVO IL FILO Jean Portante, Maurizio Spiridigliozzi, Claude Mangen
Sa	17	20:00 MUSEK LE SIÈCLE DE LUCIA/NON TROVO IL FILO Jean Portante, Maurizio Spiridigliozzi, Claude Mangen

Mé	19	19:00 DIALOG LES LUNDIS DE L'ONJ 3 : DE WOLFGANG AMADEUS MOZART AN D'TROMPETT Pit Brosius, Dorothea Tatalidis
Sa	24	20:00 MUSEK DER SANDMANN Duo Mader/Papandreopoulos, Fly Theatre
Më	28	10:00 & 14:30 KANNER LE CHAPELIER FOU Les Escargots Ailés
Do	29	10:00 & 15:00 KANNER LE CHAPELIER FOU Les Escargots Ailés
Fr	30	19:00 SPORTLER VUM JOER Gemeng Miersch

FEBRUAR

So	01	17:00 MUSEK SCHÜLERAUDITIOUN Museksschoul Uelzechtall, Gemeng Miersch
Sa	07	20:00 MUSEK FANTASIE Kammerata Luxembourg
Dë	10	18:30 DIALOG ROBERT LOUIS STEVENSON UND SEINE BANDE Prof. Dr. Heinz Günnewig
Do	12	10:00 KANNER DIE SCHATZINSEL Junges Theater Bonn
Fr	13	10:00 KANNER DIE SCHATZINSEL Junges Theater Bonn
Do	26	10:00 DANZ MOTH EDSUN
Fr	27	20:00 DANZ MOTH EDSUN
Sa	28	20:00 DANZ MOTH EDSUN



RESERVÉIERT
ÄR TICKETEN

mierschertheater.lu
T. 47 08 95 1 (luxembourgticket.lu)
info@luxembourgticket.lu



play it like
you own it.
But remember, you have to return it.

PIANO·LU
1983
PREMIUM CONCERT RENTAL SERVICE
Bösendorfer - Yamaha - Johannes Organs
by Pianos Kelly Niederanven, Luxembourg
www.piano.lu




imprimerie.lu
Le spécialiste du petit et grand format



Tél. 46 76 50
info@imprimerie.lu
8, Zone industrielle L-8287 Kehlen

IMPRESSUM



R.C.S. Luxembourg F367 | TVA : LU24381746
Nr. d'identification 2006610280339
IBAN LU06 0019 1955 1802 9000 - BCEELULL

**53, rue Grande-Duchesse Charlotte
L-7520 Mersch**
Administration : (+352) 26 32 43 - 1
Billetterie : (+352) 47 08 95 - 1
(luxembourgticket.lu)
info@mierschertheater.lu
mierschertheater.lu
caku.lu



IMPRESSUM

Éditeur : Mierscher Theater
Responsable de la publication :
Claude Mangen
Coordination : Pit Ewen, Peggy Kind,
Georges Keiffer
Rédaction : Alain Herman,
Prof. Dr. Heinz Günnewig, Jerry Klein,
Peggy Kind, Erny T. Kohn, Sascha Dahm,
Corina Ciocârlie, Maurizio Spiridigliozzi
Interviews : Claude Mangen, Pit Ewen
Relecture : Claude Mangen, Pit Ewen
Photos : Véronique Kolber
Conception graphique : VidaleGloesener
Imprimerie : Imprimerie Centrale
État : Septembre 2025

Sous réserve de modifications / Änderungen
und Irrtümer vorbehalten.
Tous droits réservés / Alle Rechte
vorbehalten.

EKIPP

Claude Mangen
Directeur

Peggy Kind
Assistante à la direction,
Responsable projets inclusion

Pit Ewen
Assistant à la programmation,
Responsable communication et production

Georges Keiffer
Administration / Comptabilité

Monique Hartmann
Responsable programme Jeunes

Donato Battista
Responsable service technique

Christian Heinisch
Technicien lumière

Stefan Greve
Technicien son

Bénévoles
Nadine Braquet-Holbach,
Christiane Ewen-Rech, Liliane Freichel,
Karin Kremer, Liette Majerus, Delphine Moris,
Marlyse Nimax, Edmée Pepin,
Liette Weynandt

Conseil d'administration
Président : Marc Fischbach
Vice-présidents : Paul Ensich, Marcel Origer
Secrétaire : Léon Wantz
Trésorier : Albert Henkel
Membres : Martine Ahlborn, Paul Arendt,
Marianne Brosius, Claude Conter, Nathalie
Jacoby, Sonja Kettmann, Michel Malherbe,
Romain Miny, Guy Pauly, Luc Schadeck

Le Mierscher Theater est membre de



Imprimé sur papier FSC



agence immobilière TOUSSAINT Abby


Bei eis kritt Dir...



...KENG falsch Versprieche

Bla*
*BlaBlaBla

...KEEN Klenggedrécktes



...KENG fake Ziedelcher



...KEEN Telefonterror



...KENG lästeg Besich

Versprach!



Tel: 32 81 73-1

www.confiance.lu



DAT EENT, DAT ASS RIICHT AN
DAT ANERT ASS KROMM, DÉI
RÄICH SI GESCHEIT AN DÉI
AARM, DÉI SINN DOMM. DAT ASS
SOU, AN T ASS KENGEM SENG
SCHOLD, DAT HUET EISER HÄR-
GOTT SOU GEWOLLT. MEE ENGES
DAAGS, DA KRÉIN SE ANGSCHT,
MEE DANN ASS ET ZE SPEIT, DA
GËTT EMOL DÉI GANZ AFFÄR
GANZ EINFACH ËMGEDRÉINT:
WAT KROMM ASS GËTT RIICHT,
A WAT RIICHT ASS GËTT KRO-
MM, DÉI DOMM GI GESCHEIT, DÉI
GESCHEIT, DÉI GINN DOMM. DA
SO MIR: ET ASS KENGEM SENG
SCHOLD, DAT HUET EISER HÄR-
GOTT SOU GEWOLLT.

AUS HOPP MARJÄNN VUM POL PÜTZ